# Klautjen

Nr. 01/2024



YouTube

www.bissen.lu

# Klautjen

Nr. 01/2024


PROJETEN A REALISATIOUNEN

6 Rehaussement vun der Grondschoul

8 Parc "An der Bléi"

10 E-Paper – Digitale Fuerplang zu Biissen

11 Crèche beim Musekshaus

EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK

17 Gutt Stëmmung um Fest vum drëtten Alter!

28 Buergbrennen 2.0

32 Unveiled Ukraine

36 Schüleraudlitioun vum Conservatoire de Musique du Nord

37 Grouss Botz zu Biissen

40 Galaconcert vun der Biisser Musek

44 Agenda: Save the Date!

REPORTAGEN & INTERVIEWS

52 Bis'Talk - Froen un 2 Biisser Musekstalenter

54 Erënnerungen un d'Union Cycliste Bissen

ADMINISTRATIOUN & SERVICER

62 Klimateam Audit

64 Nei Gesiichter op der Gemeng

66 Natur genéissen!


www.bissen.lu | /gemeng.biissen | www.bissen.tv | /gemeng.biissen | SMS2CITIZEN | Bissen-App | Signalez-le!





# Op ee Wuert



**Léif Biisser,**

An dëser Editioun maache mir Iech e klenge Réckbléck op dat, wat an de leschte Méint an eiser Gemeng lass war.

Et geet Rieds vun der Fuesent, vum Buergbrennen oder och vum Gala Concert vun der Biisser Musek, deen ënnert der Leedung vum neien Dirigent e volle Succès war. Och déi aner Veräiner waren, wéi et hei zu Biissen üblech ass, ganz aktiv an hunn eis e puer Momenter vun hire Veranstaltunge festgehalen.

De Suivi zu eise Chantieren an der Gemeng kritt Dir och an dëser Editioun, genausou wéi Aktuelles aus de Kommissiounen. Ganz emouvant ass den Artikel iwwert d'Ausstellung "Unveiled Ukraine", déi ufanks Mäerz hei zu Biissen war. Fir déi eng sinn et Erënnerungen, fir déi aner nei Informatiounen: den Artikel iwwer d'Union Cycliste Biissen.

E bësse méi besonnesch ass den Interview mat zwee talentéierte Biisser Sänger, dem Véronique Manternach an dem Ricardo Vieira. Si waren allebéid an der Virentscheedung fir den ESC derbäi. An dëser Editioun kënnt Dir den Interview, deen de Roger Saurfeld mat de béide Kandidate gefouert huet, noliesen. Kuriéis ass et schonn, datt eise Lokalreporter an éischte Schäffen et da selwer op Malmö gepackt huet. De Roger ass zesumme mam Raoul Roos fir den RTL zu Malmö mat um ESC. Hie kommentéiert vun do déi béid Halleffinallen an och d'Finale den 11. Mee.

Zu gudder Lescht nach eng Informatioun. Zanter dem Abrëll ass de Büro vun der Populatioun an dem Etat civil freides moies schonn um 07.00 Auer op. Dëst fir Iech d'Méiglechkeet ze ginn, nach virun den normalen Aarbechtszäiten op d'Gemeng ze kommen.

Ech wënschen Iech eng flott Lektür vun der éischter Ausgab vum Klautjen fir 2024, an där vill Artikelen an zwou verschidde Sprooche stinn.

**David Viaggi**

***Léif Biisser,***

*Dans cette édition il y a un petit aperçu sur ce qui s'est passé dans notre commune les derniers mois.*

*Il y a des articles sur le carnaval, sur la tradition de chasser l'hiver, mais aussi sur le concert gala de la Fanfare de Bissen, qui, sous la baguette du nouveau dirigent, connut un plein succès. Parallèlement, comme c'est la coutume à Bissen, les autres associations et clubs étaient aussi très actifs et nous livrent certains moments de leurs activités.*

*Vous pourrez lire dans cette édition le suivi de nos chantiers dans la commune ainsi que les nouvelles de nos commissions. Très touchant est l'article sur l'exposition "Unveiled Ukraine", qui était à voir début mois de mars. Pour les uns ce sont des souvenirs, pour les autres de nouvelles informations: l'article sur l'Union cycliste Bissen.*

*Un peu spéciale est l'interview avec deux talentueux musiciens de Bissen, Véronique Manternach et Ricardo Vieira. Tous les deux figuraient parmi les présélectionnés pour l'ESC. Dans cette édition vous pourrez lire l'interview de Roger Saurfeld avec les deux. Anecdote curieuse, notre reporter local et premier échevin a lui-même réussi à parvenir à Malmö. Ensemble avec Raoul Roos, il commente les demi-finales et la grande finale du 11 mai pour RTL.*

*A la fin je vous donne encore une information importante. A partir du mois d'avril le bureau de la population et de l'Etat Civil est ouvert déjà à 7 heures le vendredi matin. Ainsi vous avez la possibilité d'aller à l'administration avant le début des horaires normaux de travail.*

*Je vous souhaite une excellente lecture de la première édition du Klautjen pour 2024, dans laquelle vous trouverez maints articles en deux langues différentes.*

***David Viaggi***



# Projeten & Realisatiounen

PROJETEN A REALISATIOUNEN

# "Update" - Rehaussement vun der Grondschoul

Wat de banneschten Deel ubelaangt, do wou den Dispensaire war, op der Héicht vun der Zuchlinn, dee gëtt komplett à pied gemaach, esou datt een direkt Accès op d'Vëlospiste huet, an et entsteet och en neie Préau.

Op der anerer Säit vum Chantier, am Baussendeel, do gëtt aktuell d' "Cour anglaise" ewechgeholl fir och do Plaz ze maache fir den neie Préau.

Dann ass och zur Säit vun der Strooss d'Mauer wéi och d'Trap ewechgeholl ginn, fir esou de Schoulhaff ze vergréisseren.

*Pour la partie intérieure, où se trouvait le dispensaire, à hauteur de la voie ferrée, à cet endroit-là tout est fait à pied, pour qu'on ait un accès direct à la piste cyclable, et une nouvelle entrée de l'école.*

*De l'autre côté du chantier, dans la partie extérieure, la "Cour anglaise" est en cours de suppression pour laisser place à la nouvelle entrée de l'école.*

*Puis, du côté de la route, le mur ainsi que les escaliers ont été enlevés, afin d'agrandir la cour de l'école.*

## Phase 1

**Janvier 2024 – Juin/Juillet 2025**

A) Rehausse de l'école primaire

**Juillet 2025 – Décembre 2026**

B) Mise en conformité
C) Nouvelle entrée

**En parallèle / Plantation prévue pour 2026-2027**

D) Réaménagement cour de récréation

## Phase 2


- Maison Relais réaménagement ancienne aile
- Aire de jeux

## Phase 3

- Réaménagement Mairie
- Restaurant et médecine scolaire

## Phase 4

- Nouvelle Maison Relais - site « Klenge Mies »
- Extension école site actuel
- Site pour Cycle 1 & Précoce /
  Site pour Cycle 2- 4 & Maison Relais









# Parc “An der Bléi”

**Start vun den Aarbechten am neie Parc beim Wunngebitt “An der Bléi”**

Et handelt sech hei ëm eng Zone Tampon, déi als Park ugeluecht gëtt, tëscht dem PAP « An der Bléi” an dem PAP “Poukewiss” (Innovation Campus).

***Aménagement d’un parc entre l’Innovation Campus et la Cité « An der Bléi »***

*Il s'agit d'une zone tampon, qui sera aménagée en parc, entre le PAP "An der Bléi" et le PAP "Poukewiss" (Campus de l'Innovation).*



MERSCH Ingénieurs-paysagistes





# “Update” - vun den Aarbechten vum neien Atelier

D’Aarbechte vum neien Atelier an der Industriezon Klengbousbierg um Rouscht hunn ugefaangen. Op dësem Site solle Raimlechkeete kreeéiert ginn, fir Gefierer, Maschinnen, Handwierksgeschir, Büroen, Vestiairen a virun allem déi néideg Ateliere fir preparativ Aarbechten ënnerdaach ze kréien. Grousse Wäert ass vun dem Architekt an den Ingenieuren op en héich funktionellt Gebai geluecht ginn, getrei dem Thema "Form Follows Function", wat spuersam mat eisen, dach wäertvollen, Ressourcen ëmgeet.

*Les travaux du nouvel atelier dans la zone industrielle de Klengbousbierg à Roost ont commencé. Sur ce site seront créés des locaux pour abriter des véhicules, des machines, des outils, des bureaux, des vestiaires et surtout les ateliers nécessaires pour pouvoir effectuer des travaux préparatoires. L'architecte et les ingénieurs ont mis une grande importance à construire un bâtiment hautement fonctionnel, fidèle au thème ""Form Follows Function", afin d’éviter le gaspillage de nos ressources en énergies tellement précieuses.*



# “Update” vun den Aarbechten an der Route de Roost



Mir sinn aktuell an der Phase 5, der zweetleschter Phase vum Chantier. Aktuell ginn déi besteeënd dréche Réseauen an d'Waasserleitung nei geluecht, respektiv ëmgeluecht. Zäitgläich ass awer och eng Steemetzer Ekipp amgaange Borduren an Trottoiren ze bauen. An der leschter Phase musse mir dann d’Rouschterstrooss bis de Kollektivcongé komplett spären, ausser fir de Schoulbus an d'Linnebussen. Laut dem aktuelle Planning sollen d'Aarbechte bis de Summerkollektivcongé iwwert d'Bün sinn.

***« Mise à jour » - Chantier "Route de Roost"***

*Nous sommes actuellement en phase 5, l'avant-dernière phase du chantier. Actuellement, les réseaux existants sont en cours de réinstallation ou de réacheminement dans les conduites d'eau principales. En même temps, un chantier de maçonnerie est en cours pour la construction des bordures et des trottoirs. Dans la dernière phase, nous devons complètement fermer la Route de Roost jusqu'aux congés collectifs pour toute circulation, sauf pour les bus scolaires et les transports publics. Selon le planning actuel, les travaux devraient être terminés d'ici les congés collectifs d'été.*

# Nei Zoufaartsstrooss am Séif Richtung Luxlait

D'Aarbechte fir de Bau vun der neier Zoufaartsstrooss an der Zone Industrielle "am Séif", an der "Rue am Séif" Richtung Luxlait sinn och ugelaf.

Nieft de Reseauen, déi mir an déi besteeënd Strooss mussen „sichen" goen, gëtt och eng nei Strooss gebaut, an dat op deem ale Feldwee, dee riets laanscht d'Kläranlag vun der Luxlait eropgeet.

*Les travaux pour la construction de la nouvelle route d'accès dans la zone Industrielle « am Séif » en direction de l'entreprise Luxlait ont également démarré.*

*Une nouvelle route est en construction sur l'ancien chemin rural qui monte à droite le long de l'entreprise Luxlait.*



# E-Paper – Digitale Fuerplang zu Biissen!




E-Paper ass eng digital Léisung, déi lues a lues d'Displays vun de Fuerpläng op de Busarrêten zu Biissen ersetzt. D'Cliente ginn an Echtzäit informéiert. D'Gemeng Biissen huet kierzlech E-Papers bei folgend Arrêten installéiert :

„Rouscht", „ZAC Klengbousbierg", „Innovation Campus", „Bissen Eglise" an „Bissen Carrefour". Den E-Paper kënnt och bei d'Arrêten an der "Route de Roost", soubal déi nees zougänglech sinn.

***E-Paper : une solution numérique pour l'information des passagers aux arrêts de bus***

*L' E-Paper est une solution numérique qui remplace progressivement l'affichage des horaires aux arrêts de bus à Bissen. Les clients sont informés en temps réel. La commune de Bissen a récemment installé des E-Papers aux arrêts de bus*

*« Rouscht », « ZAC Klengbousbierg », « Innovation Campus », « Bissen Eglise » an « Bissen Carrefour ». L'E-Paper viendra de même aux arrêts de bus dans la route de Roost, dès que la route sera à nouveau accessible.*





# Crèche beim Musekshaus

**Eng Rees voller Entdeckungen, mat de Kanner an hiren Elteren an der Crèche beim Musekshaus**

Déi éischt Momenter an der neier Crèche ware fir d'Erzéier, ewéi och fir d'Kanner an hir Elteren, eng opreegend Erfarung. Dës Rees huet mam Opriichte vun de Raimlechkeeten ugefaangen. Mir hunn eis bei den Agewinnunge kenne geléiert a mat groussem Virwëtz d'Raimlechkeeten an d'Spillmaterial zesummen entdeckt.

Lues a lues ass d'Crèche ëmmer méi lieweg ginn an eis Gruppen hu sech gefëllt. Op spilleresch Aart a Weis hunn d'Kanner sech gutt agelieft a sech an hiren neien Alldag erafonnt. Elo si mir frou, eise véierten a leschte Grupp dëse Mount kënnen opzemaachen.

D'Ekipp aus der Crèche beim Musekshaus freet sech, weiderhin d'Kanner aus der Gemeng Biissen ze begleeden an an hirer Ëntwécklung ze ënnerstëtzen.

***Un voyage plein de découvertes, avec les enfants et leurs parents dans la crèche du Musekshaus***

*Les premiers instants dans la nouvelle crèche ont été une expérience passionnante pour les enseignants ainsi que pour les enfants et leurs parents. Ce voyage a commencé avec la mise en place des locaux. Nous avons fait connaissance au fil des rencontres et découvert ensemble les lieux et le matériel de jeu avec beaucoup de curiosité.*

*Petit à petit, la crèche s'anime et nos groupes se remplissent. De manière ludique, les enfants se sont bien intégrés et se sont retrouvés dans leur nouveau quotidien. Nous sommes désormais heureux de pouvoir ouvrir notre quatrième et dernier groupe ce mois-ci.*

*L'équipe de la crèche du Musekshaus se réjouit de continuer à accompagner les enfants de la commune de Biissen et à les soutenir dans leur développement.*



*Agewinnung mat enger Mamm*



*Spillsituatioun am grousse Grupp*




*Dagesoflaf*

PROJETEN A REALISATIOUNEN




# En neien, méi gréngen, Schoulhaff, dank den Iddie vun eise Kanner an dem Léierpersonal

D'Gemeng Biissen hat am Kader vum neie Schoulhaff ee Workshop mat de Kanner organiséiert. Hei konnten d'Kanner hir Iddien abréngen, wat si sech fir ee Schoulhaff wënschen.



De Projet baséiert op enger Initiativ vum Staat, wou et drëms geet, fir méi Natur an eis Schoulhäff ze bréngen, dat heescht méi Planzen a manner asphaltéiert Flächen. De Schoulhaff zu Biissen ass ee perfekt negativt Beispill, well do net vill gréng Fläche sinn an en esou am Summer bal keng Méiglechkeete vu Schiet bitt. De Staat ënnerstëtzt dës Initiative mat Subsiden, wann een d' Kanner an d'Léierpersonal bei der Planung mat abezitt – dat huet d'Gemeng Biissen mat dësem Workshop gemaach.

Och d'Meenung vum Kannergemengerot gouf gefrot an och hei gouf et eng Zesummenaarbecht.

### *Une nouvelle cour d'école plus verte grâce aux idées de nos enfants et de nos enseignants*

*La commune de Bissen a organisé un atelier avec nos enfants, dans le cadre du projet d'une nouvelle cour d'école plus verte. Dans cet atelier les enfants ont pu partager leurs idées, comment ils se souhaiteraient leur cour d'école.*



*Le projet s'appuie sur une initiative de l'État où il s'agit d'intégrer davantage de nature dans nos cours d'école, c'est à dire plus de plantations et moins de zones asphaltées. La cour d'école de Bissen en est un parfait exemple négatif, car actuellement il n'y a pas beaucoup de zones vertes et donc pas de possibilités de se mettre à l'ombre en été. L'État soutient cette initiative par une subvention sous condition que les enfants et les enseignants soient impliqués dans la planification. C'est ce que la commune de Bissen a réalisé avec cet atelier.*

# Evenementer & Réckbléck



# AGEP-Biissen – Gefill fir den Alter

**11. August 2023**

**Wou**
Air Rescue, Findel
**Organisatioun**
AGEP-Biissen a.s.b.l.

Den 11. August 2023 huet d'AGEP hire Summerausfluch 2023 gemaach. Et war eng besonnesch Visite – nämlech déi vum Site vun der Air Rescue, wou mir beim „Luxembourg Airport Gate E13" eise Point de Départ haten. D'Visite vum Site vun der Air Rescue gesäit maximal 25 Persoune vir. Deemno waren et ganz séier 25 Persoune vun der AGEP, déi sech fir den Tour gemellt hunn, sou datt mir eisen Tour vum Programm hier konnten organiséieren. Wichteg ass ze wëssen, datt dës Visite nuren ënnert strenge Sécherheetsdirektive méiglech ass. Schonns gutt 2 Méint am Viraus hunn all Membere sech iwwert Identitéitskaart missten umellen. All Umeldunge gi vun der Police Grand-Ducale kontrolléiert a validéiert.

Jo, wéi mir den 11. August um 10.00 Auer ukomm sinn, huet een dës minutiéis Organisatioun ganz séier konnte feststellen a verstoen. Jidderee vun eis huet nom kontrolléierten Anchecken eng Warn- a Sécherheetsveste kritt an ee Schëldche mat Air-Rescue – Visiteur. No der Aféierung an engem Informatiounsraum vun de Raimlechkeete si mer mat engem Film zur Entsteeungs- an Zäitgeschicht vun der Air-Rescue informéiert ginn. Dëst net nëmmen duerch Biller, mä och duerch vill perséinlech Erfarunge vum Präsentateur. Duerno hu mer de Site och vu baussen, Start- a Landeplaz vum Helikopter, gewise kritt. Den Helikopter krute mer vun engem Infirmier a Pilot erkläert. Bei där Geleeënheet goufe mer Zeie vun engem Asaz a mir hu gesinn, wéi alles punktuell a séier ofleeft.

Um Ofschloss vun der Visite konnt dann och d'Zentral vun all den Appelle besicht ginn, ier mir mat engem Kuerf Souvenire beschenkt goufen!

Jo, d'Zäit ass verflunn. Et war 12.30 Auer, wéi mir op d'Wuermer Koeppche gefuer sinn. Bei herrlechem Summerwieder hu mir op der Terrass zesumme giess. Nom Mëttegiessen, géint 15.00 Auer, stung als Ofschloss vun onsem Tour eng Wäiprouf zu Meechtem am „Domaine viticole Schlink" um Programm. E flotten Ofschloss bei Crémanten a Wäiner.

Géint 17.00 Auer si mir nees zréck op Biissen gefuer. Deen Dag, mat villen Informatiounen, mä och mat kulinareschen Héichpunkten, wäert bei eis all a gudder Erënnerung bleiwen.

Fir all déi, déi an Zukunft Freed hätten, an eiser AGEP-Biissen dobäi wëllen ze sinn, mat deelzehuelen - zéckt net mat eisem Sekretär, dem Här Marcel Hoffmann oder mat eisem President, dem Här Patrick Schmit Kontakt opzehuelen.

Mir géifen eis freeën, eis flott Atmosphär, sief et op Porte-Ouverten oder soss Aktivitéiten, mat Iech ze deelen. Sidd Dir elo virwëtzeg ginn dann zéckt net äis ze kontaktéieren.

**Kontakt Sekretär** - Hoffmann Marcel: 621 223 664
**Kontakt President** - Schmit Patrick: 621 413 834



EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck

# Gutt Stëmmung um Fest vum drëtten Alter!

**3. Dezember 2023**

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Drëttalterskommissioun vun der Gemeng Biissen

Eis traditionellt Fest vum 3. Alter vun der Gemeng Biissen ass de Weekend a gudder Ambiance iwwert d'Bün gaangen. No engem gudde Maufel huet d'Lisa Mariotto fir gutt Stëmmung am Frounert gesuergt. Jidder Invité gouf och mat engem klenge Kaddo beschenkt. D'Fest vum drëtten Alter, dat d'Gemeng Biissen an Zesummenaarbecht mat hirer 3. Alterkommissioun organiséiert hat, war deemno e grousse Succès.

**Alleguerten d'Fotoen:**
www.bissen.lu/la-commune-en-photos














1. - 24. Dezember 2023

**Wou**
Café de la Place a Gréngen Eck

**Organisatioun**
Gemeng Biisen a Geschäftsleit

# Biissen - lokal akafen a schenken!

D'Gemeng Biissen verbënnt 24 Biisser Betriber kreativ mat sengen Awunner a Frënn iwwert eis Gemeng eraus. Eis Gewënner hu mir am Kader vun engem After-Work am Biisser Club des Jeunes, Café de la Place a Gréngen Eck mat flotte Kaddoe vun eise Biisser Betriber belount ! Denkt drun, kaaft Är Kaddoe lokal!






# De Wanterfeeling verzaubert Kleng a Grouss!

**Dezember 2023**

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert



Am Dezember 2023 hunn d'Educatricen an d'Educateure vun der Maison Relais Bissen "un der Atert" mat grousser Freed d'Kanner an hir Famill op déi éischt Editioun vun den "Winterfeelings" invitéiert. Tëscht engem waarme Schocky an engem "Wupp" konnte sech flott convivial Momenter opbauen. Dobaussen hunn d'Kanner sech amuséiert an hir Frëndschafte beräichert. D'Elteren hunn et hinnen nogemaach. Andeems d'Personal vun der Maison Relais ee flotten Espace fir d'Kanner an hir Léifsten opgebaut huet, konnt den Echange tëscht Famillje stattfannen. Wafelen, Muffins an aner Pâtisserie waren och um Rdv. D'Freed vun de Participanten an all Feedback hunn ausgedréckt, dass dës Organisatioun ee Pläséier fir jidderee war.

Mir freeën eis op déi nächst Editioun.

*En décembre 2023, les éducatrices et éducateurs de la Maison Relais de Bissen "un der Atert", ont eu l'immense joie d'inviter les enfants, ainsi que leur famille, à la première édition « WINTERFEELINGS », une soirée du partage. Entre un chocolat chaud et un « Wupp », on a pu voir s'installer des moments de convivialité. A l'extérieur, les enfants se sont amusés et ont enrichi leurs amitiés. Leurs parents ont fait de même. En mettant en place un espace accueillant pour les enfants et leurs proches, les acteurs de la maison relais ont permis des échanges entre les familles. Les gaufres, les muffins et autres pâtisseries n'ont pas manqué au rendez-vous. Nous avons pu constater la joie des participants, et les différents commentaires nous ont permis de dire que cette organisation fut un plaisir pour tous.*

*Au plaisir de vous accueillir à la prochaine édition.*

# Advents Concert

**8. Dezember 2023**

**Wou**
Biisser Kierch
**Organisatioun**
Rouchi-Frënn a.s.b.l

Den 8. Dezember 2023 haten d'Biisser Rouchi-Frënn a.s.b.l. op ee Concert an d'Porkierch invitéiert. Gespillt hunn de Paul Kayser op der Uergel an den Darko Millowich op der Gei.

De Paul Kayser ass Organiste titulaire vun der Eglise St. Alphonse an der Stad, am Volleksmond d'Paterkierch an der Kapuzinnergaass , an hien ass Museksprofesser am Dikrecher Kolléisch.

Den Darko Millowich ass Violonist a Chef d'orchestre. No senger musikalescher Ausbildung mat e.a. engem Master zu Belgrad, huet säi musikalesche Parcours hien op Lëtzebuerg bruecht, wou hien a verschiddenen Orchestere matgewierkt huet. Momentan präparéiert hien een Doktorat a Musekswëssenschaften op der Uni Lëtzebuerg.

Um Programm stounge Wierker vum Josef Rheinberger (1839 – 1901) a vum Jenö HUBAY (1858 – 1937). De Josef Rheinberger war Museksprofesser zu München an huet vill kathoulesch Sakralmusek komponéiert. De Jenö HUBAY war een ungaresche Komponist a Museksprofesser.

De Paul Kayser an den Darko Millowich hunn dës Wierker encadréiert mat eegenen Improvisatiounen, déi an d'Joreszäit gepasst hunn.



# Neijoerschspatt

**13. Januar 2024**

**Wou**
Sportshal Biissen
**Organisatioun**
Bi-Fit

Fir d'Joer 2024 gutt unzefänken, huet de Bi-Fit all seng Memberen op de Neijoerschspatt den 13. Januar invitéiert. Fir d'éischt gouf awer nach bësse geschweesst, an dat beim Fatburner, ee Cours, deen all Samschdeg ugebuede gëtt. Well hei sämtlech Memberen deelhuele konnten, war de Cours ausnamsweis an der grousser Hal. Eng 50 Membere waren derbäi a sinn dem Steffi sengen Uweisungen nokomm. Dono gouf an der Buvette den Apéro zerwéiert an et gouf ee Kado fir jidder Member aus dem Club.



# Lagerfeier, Schocki a vill Spaass!

**Januar 2024**

**Wou**
Maison Relais Un der Atert
**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert





De Cycle 2.1 huet sech ee Lagerfeier gemaach, an d'Kanner hu sech dobaussen dee leckere Schocki mat Schlagsan a Marshmallows gutt schmaache gelooss.

Trotz den äisegen Temperaturen, déi mir haten, ass et de Kanner vu bannen eraus schuckeleg waarm ginn.

# Thé dansant

**4. Februar 2024**

**Wou**
Hal Frounert Biissen
**Organisatioun**
Bi-Fit

De 4. Februar huet de Bi-Fit op säin Thé dansant agelueden. Ëm déi 150 Leit koumen an d'Hal Frounert an hunn ee flotten Nomëtteg verbruecht. Et gouf vill gedanzt, mä eng Partie Leit kommen och, fir einfach an der Gesellschaft ze sinn, fir ee Patt ze drénken a fir Bekannter erëm ze gesinn.

**Nächste Rendez-vous:**
2. Februar 2025



# Rambazamba an der Maison Relais Précoce

**Februar 2024**

**Wou**
Maison Relais Un der Atert
**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert









Zum Thema Fuesent ware Fuesboken, klenger a grousser, aktiv ënnerwee.

Mir hu gebak, gebastelt, gemoolt. Mir hunn eis verkleet a sinn och heesche gaang.

Eng cool Fuesparty huet natierlech net dierfe feelen.





# Maison Relais an Eltereveräin Hand an Hand !

**8. Februar 2024**

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert

Zanter puer Joer ënnerstëtze mir, d'Maison Relais, den Eltereveräin, a bake Fueskichelcher.fir d' Kanner, déi Fetten Donneschden duerch d'Duerf heesche ginn. Si kréien am Wonerbatti Schocki a Fueskichelcher. D'Maison Relais këmmert sech ëm d'Baken - dëst Joer ëm déi 300 Fueskichelcher – an den Eltereveräin ëm d'Verdeelen.

D'Kanner aus der Maison Relais waren och ënnerwee duerch Biissen a si vun Haus zu Haus gezunn. Mir hunn och eng Paus am Wonerbatti gemaach an hunn eis de Schocki an d' Fueskichelcher gutt schmaache gelooss.

All Kand krut natierlech eng Titche mat Séissegkeete mat heem, nodeems mir alles gerecht opgedeelt hunn.



# Kannerfuesbal vun der Biisser Musek

**10. Februar 2024**

**Wou**
Frounert
**Organisatioun**
Biisser Musek

D'Biisser Musek hat Fuessamschdeg op den traditionelle Kannerfuesbal invitéiert, a ganz vill kleng Fuesboke ware komm, zesumme mat hiren Elteren. Déi kleng Prinzessinnen, Feeën, Päiperléken, Spiderman, Piraten, Dinoen, a wéi ëmmer si verkleet waren, hu fir eng formidabel Fuesstëmmung gesuergt. Si hunn hiert Gléck beim Fëschen oder beim Glécksrad versicht, a si hu sech d'Eisekuchen an d'Wirschtercher gutt schmaache gelooss. Et war, wéi fréier gesot gouf, en « décke Bal » bei beschter Fuesstëmmung.



# Fuesent an der Crèche Margréitchen

**15. Februar 2024**

**Wou**
Crèche Margréitchen
**Organisatioun**
Crèche Margréitchen

Fir d'Fuesent hate mir d'Madame Kedad Laurianne, vun Elisabeth, an d'Crèche invitéiert, déi eis iwwer d'Verkleede geschwat huet a wéi dat an aner Länner gelieft gëtt. Dono hu mir ons verkleet an op Fuesmusek gedanzt.



# Ausfluch an de Funny Mountain!

**Februar 2024**

**Wou**
Funny Mountain, Arel
**Organisatioun**
Klammklubb Biissen

De KKB war och baussent der Biisser Sportshal aktiv:

Déi Kleng aus dem Bouldercours konnten sech am Februar zu Arel am Funny Mountain defouléieren an hunn hir Eltere bei deene flotte Klammchallengen erausgefuerdert.






EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck

# Elterepartnerschaft an der Crèche Margréitchen

**21. Februar 2024**

**Wou**
Crèche Margréitchen
**Organisatioun**
Crèche Margréitchen

Eis Eltere sinn ëmmer häerzlech wëllkomm an der Crèche fir eng Aktivitéit ze maachen. Virun allem fir den internationalen Dag vun der Mammesprooch hu mir d'Elteren mat engem Bréif agelueden. Déi eng Familljen hu Bicher an hirer Famillјesprooch virgelies, anerer hu Musek mat de Kanner gemaach, der Kreativitéit ware keng Grenze gesat. Mir freeën ons op weider Aktivitéite mat Elteren am Grupp.





# Nohaltegkeetswoch an der Crèche Margréitchen

**Februar/Mäerz 2024**

**Wou**
Crèche Margréitchen
**Organisatioun**
Crèche Margréitchen

Vu klengem u kréien d'Kanner gewisen, wéi een z.B. Offall trennt. An all Sall si Poubellen op Kannerhéicht mat engem Sticker drop, sou dass si aktiv kënne matschaffen. Och weise mir hinnen, dass een de Knascht net op de Buedem geheit, mä dofir eng Dreckskëscht sicht. An der Nohaltegkeetswoch hu mir och op enger Plaz Knascht gesammelt, fir deen dono an d'Dreckskëscht ze geheien.



# „Climb more, worry less!“



## Februar 2024

**Wou**
BlocX, Esch/Uelzecht
**Organisatioun**
Klammklubb Biissen

Déi Erwuesse vum Fräiklëmmergrupp hunn sech fir ee sportleche Moien am BlocX zu Esch getraff a wärend dem Training gëtt sech vun elo un, fläisseg op d'Saison am Fiels, mat Virklammen, preparéiert, getrei eisem Motto: „Climb more, worry less!“

# Kreativ Nohaltegkeetswoch

## Februar 2024

**Wou**
Maison Relais Un der Atert
**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert

All Joer hëlt d'Associatioun elisabeth.lu deel un der Nohaltegkeetswoch. Jidder Haus organiséiert intern verschidden Aktivitéiten zu deem Theema.

Dëst Joer huet de Cycle 1 fläisseg verschidde Fläschen, Tetra Pack, Stëpp, Eeërkartong, Béchsen a vill aner Saache gesammelt. Mat dem gesammelte Material hunn d'Kanner du verschidde Konschtwierker gebastelt.

Net nëmmen ass et wichteg, d'Ressourcen nei ze verwäerten, mä och eis Natur propper ze halen. An deem Sënn sinn d'Kanner zesumme mat den Educateuren, mat Pincette, Händschen a Poubellestuten, ronderëm d'Maison Relais Dreck sammele gaangen. D'Kanner hate vill Spaass an hu fläisseg gehollef.







# Buergbrennen 2.0

**18. Februar 2024**

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Petanque Bissen


Endlech hate mer nees e Buergbrennen. Déi lescht Joren konnt d'Buerg net gebrannt ginn, well weder eng Plaz do war nach e Veräi fonnt ginn ass, deen et op d'Bee gestallt hätt.

Nëmme mat ville Fräiwëllegen, déi sech net ze schued waren, fir eng Hand mat unzepaken, sief et beim Catering oder beim Op- an Ofriichten, konnt de Petanque Club eng al Traditioun nei entflamen.

Déi nei Plaz fir de Wanter ze verbrennen ass lo fir déi nächst Jore gesëchert. E grousse Merci de ville Fräiwëllegen, de Gemengenaarbechter, dem Fierschter a senger Equipe, dem Jugendhaus an dem Bauer Jos a sengem Bouf fir hiert Engagement.



















EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck




## INTERNATIONALE FRAENDAG

Den internationale Fraendag ass e Weltdag, deen all Joer den 8. Mäerz gefeiert gëtt. Och d'Gemeng Biissen sensibiliséiert hir Bierger zu dem Thema an huet dowéinst Stroosseschëlder opgehaang, déi Fraen ernimmten, déi eppes Besonnesches an hirem Liewe geleescht hunn. Dës Aktioun ass bis den 31. Mäerz gelaf.

*La Journée internationale de la femme est une journée mondiale qui est célébrée chaque année le 8 mars. La commune de Bissen sensibilise également ses citoyens à ce sujet et a donc installé des panneaux de rue mentionnant les femmes qui ont accompli quelque chose de particulier dans leur vie. Cette action s'est déroulée jusqu'au 31 mars.*



# Op Entdeckungsrees an de Biisser Bëscher!

**Mäerz 2024**

**Wou**
Biisser Bësch

**Organisatioun**
Maison Relais Un der Atert

D'Kanner vum Cycle 2.1 waren an den Bësch. Do hu si sech op d'Sich no Steng, Blummen, Mooss, klengen Déiercher an villem méi gemaach.

Mir all zesummen hunn dono ee Bësch-Bingo gemaach.









# Unveiled Ukraine

**2. & 3. Mäerz 2024**

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Biisser Kulturkommissioun
**Fotoen**
Jeannot Ley

D'Biisser Kulturkommissioun hat den 2. an 3. Mäerz 2024 op d'Ausstellung «Unveiled Ukraine» vun der ukrainescher Fotografin Kateryna Mostova an d'Hal Frounert invitéiert.

Bei dem Vernissage vun der Ausstellung den 1. Mäerz 2024 ass de Georges Lucius, President vun der Kulturkommissioun, der Fro nogaangen, wisou Lëtzebuerg grad d'Ukrain sou staark ënnerstëtzt. Nieft der finanzieller Hëllef huet eist Land bis elo méi wéi 4.000 Flüchtlingen aus der Ukrain opgeholl. Eng Äntwert fënnt de Georges Lucius an eiser nationaler Geschicht. D'Resistenz vun de Lëtzebuerger am leschte Weltkrich an den Drock vun de Besatzer, fir eis Leit als däitsch Vollek duerzestellen, ass jidderengem bekannt. Zënter et eist Land gëtt, huet ëmmer erëm misse gekämpft gi fir Fräiheet an Onofhängegkeet.

Et gëtt awer och Parallelen zu eiser Uertschaft Biissen. Virun 80 Joer, an der Rundstedt Offensiv, war d'Front bis op Mäerzeg virgeréckelt an et goufe Gefechter mat preisesche Patrullen an der Biischtert – dat ass de Bësch deen hannert Biissen op d'Strooss vum Carelshaff op Méchelbuch stéisst. Well kee wousst, wéi et weider géing, ass d'Duerf Biissen evakuéiert ginn. Domat waren déi Biisser Leit selwer fir eng kuerz Zäit Flüchtlinge ginn.

De Kampf fir Fräiheet an Onofhängegkeet gehéiert zur Identitéit vun eisem Land an ass wuel eng Erklärung fir d'Sympathie zu Lëtzebuerg fir de Kampf, deen d'Ukrainer haut féiere fir hir eege Fräiheet an Onofhängegkeet.

*La Commission de la Culture de la Commune de Bissen avait invité le 2 et 3 mars 2024 à l'exposition « Unveiled Ukraine » de la photographe ukrainienne Kateryna Mostova au hall « Frounert ».*


*Lors du vernissage le 1er mars 2024, Georges Lucius, président de la Commission de la Culture, soulevait la question, pourquoi le Luxembourg soutient massivement tout spécialement l'Ukraine. Outre les aides financières, notre pays a accueilli jusqu'à présent plus de 4.000 réfugiés de l'Ukraine. Georges Lucius voit une explication dans notre propre histoire nationale. La résistance du Luxembourg pendant la dernière guerre mondiale et la pression de l'occupant voulant forcer une germanisation du pays, sont bien connues. Depuis que le Luxembourg existe comme État souverain, il a dû lutter à plusieurs reprises pour sa liberté et son indépendance.*

*Il y a également des parallèles avec le sort de la localité de Bissen même. Pendant la bataille des Ardennes, il y a 80 années, les combats avaient avancé jusqu'à la localité de Mertzig, et des fusillades avec des patrouilles allemandes avaient éclaté dans la foret de «Biischtert», soit le bois au Nord de la localité de Bissen qui touche à la route du « Carelshaff » à Michelbouch. Comme personne ne pouvait prédire l'évolution des opérations guerrières, la localité de Bissen fut évacuée, ce qui fait que les habitants de Bissen devenaient eux-mêmes des réfugiés pendant une courte période.*

*La lutte pour la liberté et l'indépendance font partie de l'identité de notre pays, et elle est certainement une des raisons expliquant la sympathie du Luxembourg vis-à-vis de la lutte de l'Ukraine pour sa propre liberté et indépendance.*







De Roger Saurfeld, deen am Schäfferot ënnert anerem zoustänneg ass fir de Beräich Kultur, erzielt vun de perséinlechen Erënnerungen, déi hie mat der Ukrain verbannen. 2005 war hien eng éischte Kéier an der Ukrain. Dëst war e puer Méint no der friddlecher, sougenannter oranger Revolutioun. D'Leit waren opgebléit a voller Hoffnung op en neit Liewen a Fräiheet an Onofhängegkeet.

Bei sengem zweete Besuch am Joer 2017 huet hien eng komplett aner Stëmmung virfonnt. D'Hallefinsel Krim war annektéiert ginn an d'Leit hunn sech Suerge gemaach iwwert hir Zukunft. Zu deem Zäitpunkt konnt awer kee sech virstellen, wat 2022 geschéie sollt.

Op de Biller vun der Ausstellung gesäit een, wéi an engem bléiende Land schrecklech Krichlandschaften entstane sinn. De Roger Saurfeld weist op d'Wichtegkeet hin, dass déi Biller vun Zerstéierung a Leed no bausse gedroe ginn, fir dass de Krich net lues a lues an de Vergiess geréit an d'ukrainescht Vollek sech selwer iwwerlooss gëtt.

D'Nataliya Tkachenko vun der a.s.b.l. LUkraine huet d'Aktivitéite vun hirer Organisatioun virgestallt. LUkraine këmmert sech ëm d'Flüchtlingen, déi aus der Ukrain op Lëtzebuerg kommen. Si hëlleft hinnen, an hirem neien Ëmfeld eens ze ginn a si këmmert sech ëm Schoule fir d'ukrainesch Kanner. Um Terrain an der Ukrain selwer hëlleft d'a.s.b.l. bei der Verdeelung vun Hëllefsgidder, der Evakuatioun vu Blesséierten aus der Front a si setzt sech a fir Hëllefsinfrastrukture wéi Pompjeesmaterial an Ambulanzen.

*Roger Saurfeld en tant qu'échevin ayant dans ses attributions entre autres la culture, se souvient dans son intervention de ses souvenirs personnels en rapport avec l'Ukraine. Il était une première fois en Ukraine en 2005. C'était quelques mois après la révolution pacifique dite « révolution orange ». Les gens étaient motivés, pleins d'espoir pour une vie en liberté et en indépendance.*

*Lors de sa deuxième visite en 2017, l'atmosphère avait complètement changé. La péninsule de la Krim avait été annexée et les gens se souciaient de leur avenir. Toutefois, à l'époque, personne ne pouvait s'imaginer ce qui se produirait effectivement en 2022.*

*Les images de l'exposition montrent comment un pays florissant a été dévasté par la guerre. Roger Saurfeld souligne l'importance de diffuser ces images de destruction et de misère afin que la guerre ne s'assoupisse pas et que le peuple ukrainien ne soit pas abandonné à son sort.*

*Nataliya Tkachenko de l'a.s.b.l. LUkraine présente les activités de son organisation. LUkraine encadre les réfugiés arrivant de l'Ukraine. Elle les aide à prendre pied dans leur nouvel environnement et elle s'occupe de la scolarisation des enfants ukrainiens. Sur le terrain en Ukraine même, l'a.s.b.l. est active dans la distribution des aides humanitaires, dans l'évacuation des blessés du front militaire et dans la mise à disposition des infrastructures de sauvetage comme du matériel des pompiers et des ambulances.*



Rezent war d'a.s.b.l. bedeelegt bei der Léisung vun engem gréisseren zännmedezinesche Problem. LUkraine schafft och um psychologesche Plang mat bei der Betreiung vun de Leit an de Krichsgebidder.

Komme mir dann zur Kënschtlerin selwer. D'Kateryna Mostova ass Fotografin mat iwwer 12 Joer Erfarung als Autorin vu fotografesche Projeten. Si huet un Ausstellungen, souwuel an der Ukrain selwer wéi international, deelgeholl an huet eng Rei vu renomméierte Concourse gewonnen.

D'Kateryna Mostova ass am Oste vun der Ukrain gebuer. Wéinst der russescher Aggressioun ass si 2014 op Kyiv geflücht a si koum Enn Februar 2023 op Lëtzebuerg.

Hir Ausstellung «Unveiled Ukraine» ass no engem ganz spezielle Konzept opgestallt. Gläich bei der Entrée gëtt een iwwerrascht, fir net ze soe schockéiert. Do steet e Kannerbettchen, eng Schoulbänk an eng zerbrache Schoultafel. Iwwerall leie Schierbelen a Bauschutt. Et ass Krich!

Et kënnt een dann an zwee gréisser Raim. An dem éischten si Biller vun idyllesche Géigenden a vu Freed, awer si hänke kromm un der Mauer, d'Glieser si futti an d'Rumme si gebrach. De Krich huet déi friddlech Landschaft zerstéiert. An dem zweete Raum, déi selwecht Andréck mat futtisse Biller, awer lo sinn et net méi Fotoe vu friddleche Landschaften, mee vun zerstéierte Gebaier an Infrastrukturen.

*Récemment, elle était impliquée dans la solution d'un problème majeur de médecine dentaire. LUkraine a.s.b.l. est également active sur le plan psychologique, aidant les personnes qui vivent dans les zones ravagées par la guerre.*

*Venons maintenant à l'artiste même. Kateryna Mostova est photographe avec une expérience de plus de 12 années dans la conception de projets photographiques. Elle a eu des expositions aussi bien en Ukraine qu'au niveau international et elle a remporté plusieurs concours renommés.*

*Kateryna Mostova est née en Ukraine de l'Est. A cause de l'agression russe, elle s'est réfugiée à Kyiv en 2014 et elle est arrivée au Luxembourg en février 2023.*

*Son exposition "Unveiled Ukraine" a été conçue sur base d'une structure spéciale. En entrant, le visiteur est surpris, voire choqué par un lit de bébé, un banc d'école et un tableau d'école brisé. Partout trainent des bris de glace et des déchets de construction. C'est la guerre !*

*Il entre alors dans deux espaces cloisonnés. Dans le premier, des photos de scènes idylliques sont accrochées aux panneaux, mais les cadres sont brisés et le verre est cassé. La guerre a détruit les paysages paisibles. Dans le deuxième espace, c'est le même aspect avec des cadres cassés, mais les images paisibles ont cédé la place à des photos de bâtiments et d'infrastructures détruits.*





Et kënnt een eraus, an da gesäit een op der hënneschter Wand vun der Hal, op engem Ecran, en continu e Video, deen nees ofwiesselnd Biller vu Freed an idyllesche Landschaften, a gläich duerno Biller vu Krich, Doud an Zerstéierung weist.

Als Ofschloss geet ee laanscht eng Galerie mat Temoignagë vu Leit, haaptsächlech vu Luhansk, déi 2014 geflücht sinn. Si erzielen, firwat si fortgaange sinn, hir Erfarungen, hir Gefiller deemools an haut.

Wann een d'Ausstellung verléisst, dann ass een emotional opgewullt vun den Impressiounen, wat Krich un Zerstéierung an u Leed mat sech bréngt. Et brauch ee schonn eng gewëssen Zäit fir dat ze verschaffen, awer, wat bleift, ass eng perséinlech Beräicherung.

*En sortant de ces deux espaces, on voit sur l'écran au mur de fond du hall, une vidéo projetée en continu qui montre de nouveau des vues de scènes paisibles alternant avec des images de guerre, de mort et de destruction.*

*En quittant l'exposition, le visiteur longe une galerie avec des témoignages de personnes réfugiées en 2014, surtout de la région de Luhansk. Elles expliquent pourquoi elles se sont décidées à quitter la région et elles parlent de leurs émotions aussi bien à l'époque qu'aujourd'hui.*

*Quand on quitte l'exposition, on est ému dans son for intérieur par les impressions de ce que la guerre entraîne en destructions et en misère. On a besoin d'un certain temps pour se ressaisir, mais, ce qui reste, c'est certainement un enrichissement personnel.*



*Vu l. no r.: Nataliya Tkachenko vu LUkraine a.s.b.l., Georges Lucius President vun der Kulturkommissioun, Roger Saurfeld, Schäffen ë.a. zoustänneg fir de Beräich Kultur, Kateryna Mostova, Kënschtlerin vun der Ausstellung.*

# Schülerauditioun vum Conservatoire de Musique du Nord

**7. Määrz 2024**

**Wou**
Biisser Musekshaus
**Organisatioun**
Conservatoire du Nord zesumme mat der Biisser Kulturkommissioun
**Fotoen**
Jeannot Ley

De 7. Määrz 2024 war Schülerauditioun vum Conservatoire de Musique du Nord am Proufsall vun der Biisser Musek am Musekshaus op der Gare, dëst an Zesummenaarbecht mat der Biisser Kulturkommissioun. Iwwer 100 Leit ware komm fir déi jonk Solistinnen a Solisten z' ënnerstëtzen. D'Auditioun huet ugefaange mat engem Ensembel vu 4 Trompetten. Duerno koumen déi eenzel Solo-Optrëtter, fir d'éischt d'Schülerinnen an d'Schüler vun den éischte Joren an duerno goung et erop bis bei déi Grouss, déi scho méi laang am Conservatoire sinn. Bei den Ufänger ware souguer Kanner derbäi, déi eréischt am Hierscht um Instrument ugefaangen hunn. Si sinn nach kee Joer an der Léier an hunn elo schonn eleng viru Publikum gespillt. Dat ass eng grouss Leeschtung! Mee och hir grouss Kolleeginnen a Kolleege verdéngen Unerkennung fir hiert Kënnen.

Den Ofschloss vun der Auditioun war den éischten ëffentlechen Optrëtt vun der Jugendmusek vun der Biisser Musek ënnert der Direktioun vum Julie RIES. D'Julie huet deen Ensembel Enn Oktober 2023 opgestallt. No engem éischten, internen Optrëtt bei der Generalversammlung vun der Musek, den 19. Januar 2024, huet den Ensembel sech hei, bei der Auditioun vum Conservatoire, dem Public virgestallt. D'Musikantinnen a Musikanten hu gewisen, wat si bannen deene puer Méint am Ensembel geléiert hunn, a si hu glaich dräi Concertsstécker op eng iwwerzeegend Manéier gespillt.

Hinnen all, de Solistinnen a Soliste vun de verschiddene Klassen aus dem Conservatoire mat hiren Enseignanten an der Biisser Jugendmusek e grousse Bravo !





### Audition d'élèves du CMNord

*Le 7 mars 2024, le Conservatoire de Musique du Nord avait organisé une audition d'élèves dans la salle de répétition de la Fanfare de Bissen dans la Maison de la Musique sur le site de l'ancienne gare, ceci en collaboration avec la Commission de la Culture de la Commune de Bissen. Plus de cent personnes étaient venues pour soutenir les jeunes solistes. L'audition a commencé avec un ensemble de quatre trompettistes. Venaient ensuite les solistes, à commencer par les élèves des premières classes, suivis, en fonction de leur âge croissant, par leurs collègues qui sont déjà depuis plus longtemps au Conservatoire. Parmi les débutantes et débutants, il y avait même des enfants qui ont commencé l'étude de leur instrument seulement en automne de l'année passée. Cela ne fait donc pas encore une année complète qu'ils sont en formation et, déjà, ils se sont produits seuls, en solistes, devant le public. C'est là un formidable exploit ! Mais, également les élèves plus âgés méritent, toutes et tous, une grande reconnaissance pour leur excellence.*

*L'audition d'élèves s'est terminée par le premier concert en public du nouvel ensemble de musique des jeunes de la Fanfare de Bissen sous la direction de Julie RIES. Julie a constitué l'ensemble vers la fin du mois d'octobre 2023. Le groupe a joué pour la première fois en interne lors de l'assemblée générale de la Fanfare le 19 janvier 2024. C'est maintenant, lors de l'audition d'élèves du Conservatoire, que l'ensemble s'est présenté au grand public. Les musiciennes et musiciens ont montré les progrès que l'ensemble a réalisés pendant les quelques mois de son existence, en jouant trois pièces de concert d'une façon vraiment convaincante.*

*Toutes et tous, solistes des différentes classes du Conservatoire et leurs enseignantes et enseignants, ainsi que l'ensemble de musique des jeunes de la Fanfare de Bissen, méritent un très, très grand bravo.*



EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck

# Grouss Botz zu Biissen

**16. Määrz 2024**

**Wou**
Frounert a ganzt Duerf
**Organisatioun**
Ëmweltkommissioun

Samschden, de 16. Määrz, huet d'Ëmweltkommissioun op hir traditionell Grouss Botz invitéiert.

Ënnert dem Motto "Mir halen eis Gemeng propper" hunn ca 60 Leit, dorënner och vill Kanner a Jugendlecher, sech afonnt, fir un dëser Sensibiliséierung fir den Naturschutz deelzehuelen.

Ronn 350 kg Dreck an Offall si gesammelt ginn.

No der Aarbecht huet d'Gemeng an de Pompjeesbau invitéiert, fir en Ierzebulli oder och eng Grillwurscht ze zerwéieren. Natierlech huet och de gudde Patt net gefeelt. E grousse Merci de Biisser Pompjeeën, datt si eis hiert Lokal iwwerlooss hunn

D'Firma SHIME huet eis och gewisen, wat ee mat recycléierten Zigarettestëmp alles maache kann.

E grousse Merci alle Bedeelegten un dësem Event am Déngscht vun eiser Ëmwelt






# Grousse Succès vun der 5. Editioun vum FunCup!

**17. Määerz 2024**

**Wou**
Sportshal Miersch
**Organisatioun**
Klammklibb Biissen a Miersch

Déi 5. Editioun vum FunCup, de 17. Mäerz 2024, organiséiert vun de Klammklibb Biissen a Miersch, hat och dëst Joer grousse Succès! Mat jee 10 Klëmmer pro Klubb , hunn sech an 3 Kategorien (Kanner, Teenies a Masters), am Ganze 60 Klëmmer matenee gemooss.

Am Virfeld waren 12 nei Routë vu 4A bis 6C+ geschrauft ginn, fir datt och all Klëmmer ënnert deene selwechten, hinnen onbekannte Konditiounen, konnte starten.

All Participant krut eng flott Medail aus Holz a Klammseel, a bei engem gemittleche Mëtteg-iessen, konnten d'Héichpunkten unhand vun de Fotoen op der grousser LED-Wand, nach eng Kéier Revue passéiere gelooss ginn.













EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Réckbléck

# Generalversammlung

**22. Mäerz 2024**

**Wou**
Buvette vun der Sportshal Biissen
**Organisatioun**
Bi-Fit

Freideg, den 22. Mäerz hat de Bi-Fit op seng uerdentlech Generalversammlung agelueden. No der Begréissung vun de Gemengevertrieder an de Memberen, dem Réckbléck op vergaangen Aktivitéiten, dem Duerleeë vun de Finanzen, der Entlaaschtung duerch d'Keesserevisoren, dem Bléck no vir op déi nächst Eventer, huet d'Präsidentin Rita Szkolik mat ganz léiwen an emotionale Wierder dem Francine Kayl fir seng 20 Joer am Comité Merci gesot. D'Francine huet an deene laange Joere vill Aarbecht fir de Veräin geleescht an hält elo aus private Grënn op.

No der fräier Ausprooch gouf den Owend bei engem Patt ausklénge gelooss.



# Porte ouverte vun der Crèche Margréitchen

**22. Mäerz 2024**

**Wou**
Crèche Margréitchen
**Organisatioun**
Crèche Margréitchen

Haut hu mir d'Diere grouss opgemaach a jidderee war häerzlech wëllkomm fir ons Säll a Gebai kucken ze kommen a mat der Direktioun a mam Personal a Gespréich ze kommen. Dobäi konnt een sech kulinaresch verwinne loosse mat engem Sandwich a Geméisdip.



# Galaconcert vun der Biisser Musek!

## 23. Mäerz 2024

**Wou**
Frounert
**Organisatioun**
Biisser Musek
**Fotoen**
Jeannot Ley



De Galaconcert vun der Biisser Musek ass ee vun de groussen Evenementer am Duerfliewen am Ufank vum Fréijoer. Dëst Joer war et e besonnesche Concert, well Mëtt Oktober 2023 huet d'Musek zimmlech séier eng Léisung misse fanne fir de vakante Poste vum Dirigent ze besetzen. Dëst huet zu enger neier Opstellung gefouert, mat dem Julie Ries als Dirigentin vun der Jugendmusek a mat dem Christophe Terver als Dirigent vum groussen Orchester.

D'Julie Ries ass e Biisser Meedchen an et ass vu Kandheet u Member an der Biisser Musek. Jidderee kennt d'Julie vu senge Solo-Optrëtter um Saxophon Alt bei Concerte vun der Musek. No sengem Ofschloss am Conservatoire du Nord huet d'Julie seng musikalesch Ausbildung weidergefouert op dem Conservatoire zu Maastricht, wou et am Summer 2023 säi Bachelor gemaach huet. Säin Haaptinstrument ass de Saxophon, mee d'Julie ass och an Ausbildung op aneren Instrumenter an zousätzleche Fächer, déi zu enger professioneller Museksformatioun gehéieren.

D'Julie huet gläich am Oktober d'lescht Joer déi nei Biisser Jugendmusek zesummegestallt, déi fir d'éischte Kéier bei der Generalversammlung vun der Musek am Januar 2024 an duerno bei der Auditioun vum Conservatoire du Nord de 7. Mäerz 2024 gespillt huet. De groussen Optrëtt viru breedem Publikum war beim Galaconcert den 23. Mäerz 2024. No ganz laanger Zäit ass domat nees en eegene Jugendensembel vun der Biisser Musek bei engem grousse Concert opgetrueden. D'Biisser Jugendmusek huet dräi Concertsstécker iwwerzeegend virgedroen, eng aussergewéinlech Leeschtung, well den Ensembel gouf réischt viru knapp sechs Méint opgestallt.

Neien Dirigent vum groussen Orchester ass de Christophe Terver. Och de Christophe ass e Biisser Jong, a seng éischt Schrëtt an der Musekswelt waren am Jugendensembel vun der Biisser Musek, deemools schonn op der Trompett. Seng musikalesch Formatioun a seng Studie waren dunn ausserhalb vun der Biisser Musek. De Christophe huet seng wäit gefächert Ausbildung ofgeschloss, mat engem Master op dem Conservatoire zu Bréissel. Duerno huet hien de Wee zeréckfonnt bei säin ale Veräin, d'Biisser Musek, an do natierlech an den Trompetteregëster. Nodeems de Christophe vum hallwen Oktober 2023 un d'Musek am Interim dirigéiert huet, gouf hien am Dezember vun der ganz grousser Majoritéit vun de Memberen an enger geheimer Ofstëmmung zum neien Dirigent vun der Biisser Musek gewielt.

De Christophe huet gläich perséinlech Akzenter gesat, wat een um Programm vum Galaconcert gesäit, dee méi klassesch ausgeriicht war, mat ënnert anerem engem Medley vu bekannte Melodië vum George Gershwin, der Arlésienne vum Georges Bizet an dem Kaiserwalzer vum Johann Strauss. Hien huet de Concert an nëmmen néng Wochen ageprouft, awer et huet Freed gemaach. Dem Christophe säin éischte Galaconcert mat der Biisser Musek gouf e grousse Succès. De Galaconcert huet gewisen, dass d'Biisser Musek gutt opgestallt ass fir d'Zukunft, mat dem Julie Ries als Dirigentin vun der Jugendmusek a mam Christophe Terver als Dirigent vum groussen Orchester.

Mir wëllen och net vergiessen, nach zwee Leit ze ernimmen, déi all Joer eng speziell Aktivitéit um Galaconcert hunn, d'Corinne Stoffel an de Clyde Martiny. D'Corinne huet déi verschidde Wierker vum Programm liicht verständlech a gutt dokumentéiert virgestallt. De Clyde huet dëse Virtrag begleet mat enger Diashow, wou d'Wierker zousätzlech op engem groussen Ecran virgestallt goufen. De Christophe Terver hat d'Viraarbecht zu dëser Diashow gemaach.





# Ouschteren an der Crèche Margréitchen

## 28. Mäerz 2024

**Wou**
Crèche Margréitchen
**Organisatioun**
Crèche Margréitchen

Ouschtere stoung vrun der Dier. D'Kanner hu fläisseg Ouschtereeër gefierft an den nächsten Dag si se verstoppt ginn. No der Méttesrascht hunn d'Kanner da mat hiren Elteren d'Ouschtereeër am Grupp gesicht. Dono gouf et nach e Stéck Kuch an eppes ze drénken.





# Ouschtereeër fierwen

## Abréll 2024

**Wou**
Biissen
**Organisatioun**
Jugend- a Sportskommissioun an Zesummen-aarbecht mat de Jugendpompjeeën an de Gemengenaarbechter

Kuerz virun Ouschteren hat sech d'Jugend- a Sportskommissioun nees Rendez-vous ginn, fir mat de Kanner hëlzen Ouschtereeër ze fierwen. D'Primärschoulkanner aus de Cyclen 2-4 hunn dofir gesuergt, datt eist Duerf an Ouschterstëmmung komm ass.

E grousse Merci geet un d'Jugendpompjeeën an d'Gemengenaarbechter fir hir Ënnerstëtzung bei dëser flotter Aktioun.










# Happy Birthday un eis méi eeler Biisser!

D'Gemeng Biissen gratuléiert eisen eelere Gebuertsdagskanner! Nom Prinzip 80 Joer, 85 Joer, 90 Joer an dann no all Joer (91, 92, etc.) kréien eis Biisser häerzlech vum Schäfferot gratuléiert!

| Happy Birthday | |
|---|---|
| Engel Jean Edouard | 80 |
| Hipp Joseph | 80 |
| Kasel Frédéric Jean | 80 |
| Wies Marie Louise | 90 |
| Thilmany Theresia | 91 |











# SAVE THE DATE!

## Mee

**Bis'Art**
23. – 27. Mee 2024
KULTUR
Wou — Wonerbatti
Org. — Gemeng Biissen




**Hämmelsmarsch**
24. – 25. Mee 2024
TRADITIOUN
Wou — Biissen
Org. — Fanfare

**Kiermes-Bar**
25. – 26. Mee 2024
FEST
Wou — Place de l'Atert
Org. — FC Jugend

**Kiermes-Apéro & -Ham**
27. Mee 2024
FEST
Wou — Hal Frounert
Org. — FC Jugend

**Véloskontroll**
30. Mee 2024
DIVERS
Wou — Atelier Technique
Org. — Eltereveräin

## Juni

**Härläichen Dag**
2. Juni 2024
CULTE
Wou — Frounert
Org. — Par

**Coupe Scolaire**
8. Juni 2024
DIVERS
Wou — Atelier Technique
Org. — Eltereveräin

**Mammendagsfeier**
8. Juni 2024
FEST
Wou — Hal Frounert
Org. — Blummeveräin

**Nuit du Sport**
8. Juni 2024
SPORT
Wou — Sportshal
Org. — Gemeng Biissen

**Europawalen**
9. Juni 2024
OFFCIEL
Wou — Wonerbatti
Org. — Gemeng Biissen

**BisScène**
15. Juni 2024
CONCERT
Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen




**Regionalmeeschterschaften Dësch-Tennis**
15. Juni 2024
SPORT
Wou — Sportshal
Org. — DT Biissen

**Te Deum/Volleksfest**
22. Juni 2024
FEST
Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen

**LALUX Bis'Trail**
28. Juni 2024
SPORT
Wou — Sportshal
Org. — DT Biissen, TC Biissen, Jugendhaus "A Stenges"

**Bis'Cigar**
29. Juni 2024
SPORT
Wou — Frounert Lounge
Org. — Pétanque

## Juli

**Open Air Kino**
6. Juli 2024
KULTUR
Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen

**Summerfest**
12. Juli 2024
FEST
Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen

**KKB Family Day**
14. Juli 2024
SPORT & FEST
Wou — Sportshal
Org. — Klammklubb Biissen

**Coupe FC Atert**
24. – 25. & 27. Juli 2024
SPORT
Wou — Stade Klengbousbierg
Org. — FC Vétérans

## August

**Floumaart**
4. August 2024
DIVERS
Wou — Frounert
Org. — Cercle dramatique

**Liichterprëssessioun**
14. August 2024
CULTE
Wou — Kapell
Org. — Par

**Tournoi Grand Prix Vallée de l'Attert**
25. August 2024
SPORT
Wou — Sportshal
Org. — DT Biissen

## September

**Marche groumande**
15. September 2024
AKTIVITEIT
Wou — Sportshal
Org. — Biisser Musek

**Just4Fun Cup**
14. September 2024
SPORT
Wou — Sportshal
Org. — VC Biissen

**Europäesch Mobilitéitswoch**
15. – 22. September 2024
FEST
Wou — Biissen
Org. — Gemeng Biissen

**Kéisowend**
21. September 2024
FEST
Wou — Wonerbatti
Org. — AGEP

**Oktoberfest**
27. September 2024
FEST
Wou — Frounert
Org. — FC Atert Bissen

## Oktober

**Rouchidag**
3. Oktober 2024
DIVERS
Wou — Kierch/Wobierg
Org. — Rouchifrënn

**Soirée musicale**
6. Oktober 2024
CONCERT
Wou — Kapell
Org. — Soirées musicales

**Kürbis-Schnitzelatelier**
12. Oktober 2024
AKTIVITEIT
Wou — Frounert
Org. — Jugendkommissioun

**Journée commémorative**
12. Oktober 2024
OFFICIEL
Wou — Wonerbatti
Org. — Gemeng Biissen

**Cabaret**
19. Oktober 2024
CONCERT
Wou — Veräinshaus
Org. — Chorale

**Hierschtconcert**
20. Oktober 2024
CONCERT
Wou — Veräinshaus
Org. — Chorale

**Halloween Rallye**
26. Oktober 2024
RALLYE
Wou — Bonnert
Org. — Jugendkommissioun

**Festival folklorique**
26. -27. Oktober 2024
FEST
Wou — Frounert
Org. — Os Amigos

**Kürbisfest**
27. Oktober 2024
FEST
Wou — Wonerbatti
Org. — Blummeveräin






EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Ausbléck
















Äischdall-Helpert

UMELDUNG FIR D'KATECHEES 2024-2025

INSCRIPTION POUR LA CATÉCHÈSE 2024-2025

Dir kënnt är Kanner bei eis fir d'Katechees am Schouljoer 2024/2025 umellen, an zwar bis den 30. September 2024.

Sinn Är Kanner dëst Joer schon an der Parkatechees ugemellt, da bestätegt eis dat w.e.g. per Email.

Vous pouvez inscrire vos enfants à la catéchèse pour la prochaine année scolaire 2024/2025 jusqu'au 30 septembre 2024.

Au cas si vos enfants ont déjà fréquenté la catéchèse paroissiale cette année scolaire, veuillez confirmer s.v.p. par Courriel l'inscription.

Email: aischdall-helpert@cathol.lu
Tel: 20 80 02 60





# Reportagen & Interviews

WWW.BISSEN.TV





# Bis'Talk - Froen un 2 Biisser Musekstalenter

## Interview vum Roger Saurfeld mam Véronique Manternach a Ricardo Vieira, zwee Biisser Musekstalenter, déi an der Virentscheedung fir den ESC derbäi waren.

**R.S. Den Eurovision Song Contest, vun deenen enge verpönt a verlaacht, vu villen aneren awer begeeschtert verfollegt, a besonnesch elo, wou Lëtzebuerg zanter 31 Joer rëm derbäi ass. Zu wat fir enger Kategorie gehéiert dir?**

V: Fir mech ass den ESC eppes, wat Musek duerstellt an dat mécht mech frou an och, datt Lëtzebuerg erëm matmécht.

R: Ech sinn ee vun de Fans vum ESC an ech hu laang drop gewaart, datt Lëtzebuerg rëm derbäi ass. Ech freeë mech immens.

**R.S. Ech gesinn, dir sidd sou begeeschtert vum ESC wéi ech an all Respekt, datt dir net gezéckt hutt, fir iech fir dëse Concours ze mellen. Mä éier mer op den ESC kommen, mol eng éischt Fro, wéi sidd dir zum Sange komm?**

V: Sange war ëmmer en Deel vu mir, en Deel vu menger Kandheet. Meng Mamm seet, ech hätt éischter gesong wéi geschwat, sou am Abba Stil.Ech war hei zu Biissen am Kannergesank, dono an der Chouerschoul am Conservatoire, ech hunn och privaten Unterricht geholl fir meng Stëmm opzebauen.

R: Ech hu vill méi spéit mat Sangen ugefaang, réischt mat 21, 22 Joer. Ech hunn am Ausland studéiert a wéi ech erëm an d'Land koum, hat ech no sou ville Joer meng Frënn bësse verluer. Eng gutt Fréndin, dat an engem Chouer gesong huet, huet mech matgeholl an esou hunn ech meng Freed um Sangen entdeckt an dono net méi mam Sangen opgehal.

**R.S. Ech denke schonn, datt mer d'Begabung fir d'Sangen an de Genen hunn, mä awer geet näischt einfach esou. Do gehéiert vill Üben derzou.**

R. Jo, jidderee ka léiere richteg sangen. Mä et muss ee seng Stëmm trainéieren. Et ass wéi mat jidder aner Muskel, deen duerch Training méi staark gëtt.

Kuckt hei den Interview

**R.S. Fir elo zum ESC ze kommen, wéini ass bei iech d'Decisioun komm, fir matzemaachen?**

V. Bei mir ass dat zimlech spéit komm, an ech hunn och réischt de leschten Dag mäi Video erageschéckt. Ech hat schonn am Ufank mam Gedanke gespillt, mat mengen Eltere geschwat, och mam Jean-Marie Bock, deen de Kannergesank zu Biissen leet a si hu mech encouragéiert, deen Challenge unzegoen.

R. Bei mir war et anescht. D'Decisioun war direkt do, wéi ech dervun héieren hunn, an ech hunn direkt ugefaang ze komponéieren an hunn zwee Lidder geschriwwen.

**R.S. Dir sidd jo dann ugeholl ginn an ageluede ginn, är Lidder virun enger Jury an der Rockhal ze presentéieren? Wéi war dee Moment do virun der Jury?**

V. D'Minutte viru mengem Optrëtt war ech ganz opgereegt. Mä wéi dunn d'Musek ugaangen ass, war ech ganz an der Musek, datt ech alles ronderëm vergiess hunn. Ech hunn net méi gemierkt, datt eng Jury mer nogelauschtert huet.

R. Ech hunn 2 Lidder erageschéckt, déi ech selwer komponéiert hunn. Ee Musekskolleeg huet Musek derzou kreeéiert. Ech krut dann eng Mail, ech muss soen zimlech spéit, datt ech ageluede wier fir an d'Rockhal.

**R.S. Ricky, du stees jo dacks mam Marion Welter mat denger Band Singers Unlimited op der Bün, eist 2.lescht Vertriederin um ESC, an dat och nach zu Malmö. Wéi war dat fir dech, och elo déi Chance ze hunn?**

R. Fir mech wier dat d'Kiischt um Kuch gewiescht, et 't selwecht ze maache wéi meng Fréndin. Zu Malmö um ESC deelzehuelen. Mä bon, wat net ass, ka jo nach kommen.

**R.S. Véronique, du hues jo dann déi éischt Ronn gepackt a koums weider. Wéi ass dat du fir dech weidergaang?**

V. Mäi Video ass weidergeschéckt ginn u Komponisten. 8 Komponisten hu sech dono bei mir gemellt, an dovun hunn ech der 3 erausgesicht.



Dorënner war ee lëtzebuergeschen, bei deem ech dunn d'Lidd a sengem Studio opgeholl hunn, een ireschen, dee mir alles geschéckt huet, wat net sou gutt gouf, well ech jo awer net sou d'Moyenen hunn, fir opzehuelen. Den 3. Komponist war de Ralph Siegel, dee mech op München bei sech ageluede huet. A sengem Studio ass dat ganz professionell ofgelaf. Meng Stëmmlag, mäin Tempo, alles gouf ugepasst. Dat waren immens léierräich, awer och ganz ustrengend 3 Deeg zu München.

**R.S. Jo, an du koum dee battere Moment, wou der gesot krut, datt der net an d'Finall kéimt. Wéi hutt der iech an deem Moment gefillt?**

R. Natierlech ass dat fir ee Kënschter enttäuschend an ech hunn 2 Deeg gebraucht, fir dat ze verkraaften. Am Ufank hunn ech mer gesot, datt ech näischt méi vum ESC wësse wéilt, mä elo ass alles gutt. Déi 8 Finaliste ware fantastesch Museker. De Jury hat ee gudde Choix getraff, lauter gutt jonk Talenter. Et muss een och soen, datt immens vill Lidder erakomm waren, ëm déi 450, an do der 8 eraussichen, war sécher och keng liicht Entscheedung.

V. Och am Ufank Enttäuschung, mä no puer Deeg war ech richteg houfreg a frou, datt ech et sou wäit gepackt hat.

**R.S. Ech mengen och, datt dir kënnt stolz op iech sinn. Dir waart ënnert deene beschte 50, déi erausgesicht goufen a fir iech war et jo och eng eemoleg Chance, op sou enger grousser Bün ze stoen. Vläicht war et den 1.Schratt fir eppes nach méi Grousses. Mä nach eng Fro, hutt dir de Spektakel vun der Finall op der Tëlee verfollegt?**

V. Neen, ech hunn net op der Tëlee gekuckt, mä hunn awer iwwer Internet verfollegt.

R. Ech hu mer d'Finall den Dag dono an aller Rou ugekuckt an ech mussen, et war richteg gutt.

**R.S. Hutt dir lo wëlles är Lidder erauszebréngen? Kritt een déi eng Kéier ze héieren?**

R. Ech jo. Ech hu schonn ee Videoclip gedréit. Ech wäert se och bei engem vu menge Bünenoptrëtter presentéieren.

**R.S. Ma dat wier jo dann eng Iddi den 19. Abrëll hei zu Biissen, bei Geleeënheet vun der Eurovisounssoirée.**

V. Bei mir ass näischt geplang,mol kucken, wat kënnt.

**R.S. Wéi ass et fir eng nächst Editioun? Sidd dir rëm dobäi?**

V. Ech denke jo, mä da géif ech awer eppes selwer komponéieren.

R. Scho witzeg, bei mir wier et genau ëmgedréit. Ech géif mer eppes schreiwe loossen.

**R.S. Verfollegt dir den ESC zu Malmö und dréckt dem Tali d'Daumen?**

V. + R. Jo natierlech.

**R.S. Als Ofschloss wëll ech iech awer nach eng Kéier mäi Respekt ausdrécken, datt dir de Courage hat iech dem Concours ze stellen an ech wënschen iech all Guddes fir d'Zukunft.**



# Erënnerungen un d'Union Cycliste Bissen

*Zuschauer bei der Cyclocross Landesmeeschterschaft. De Bouf mat der Kapuz, deen um Bord vun der Strooss steet, do wou de Coureur mat dem hellen Trikot laanscht fiert, ass de Camille Schroeder, aus deem senger Kollektioun d'Fotoe vun dësem Reportage an och vu villen aneren Artikelen am Klautjen stamen. De Camille steet nieft sengem Papp, dem Jos Schroeder.*

Vill Biisser Awunner wäerte wuel verwonnert d'Iwwerschrëft vun dësem Reportage liesen. Jo, Biissen hat fréier e Vélosclub, d'Union Cycliste Bissen. Dëse Veräin huet offiziell Véloscourse vun der FSCL, der Lëtzebuerger Vélosfederatioun, organiséiert an en hat eng eegen Equipe, déi bei dëse Competitioune matgefuer ass. Et ass Fréijoer an déi nei Vélossaison ass voll amgaangen, fir eis d'Stéchwuert zu dësem klenge Reportage iwwer de fréiere Biisser Vélosclub. Leider waren heifir keng direkt Archiven zur Verfügung, mee, bei Recherchen op dem Site vun der Nationalbibliothéik konnten eng Rei kuerz Artikelen aus dem Lëtzebuerger Wort fonnt ginn iwwert d'Vélosport Aktivitéiten zu Biissen. De Reportage baséiert op dësen Zeitungsnotizzen.

Eigentlech goufen et zwee Vélosclibb zu Biissen, ee virum zweete Weltkrich an en zweeten an de Fofzeger a Sechzeger Joren. Allebéid haten se den Numm « Union Cycliste Bissen ».

## D'Union Cycliste Bissen an den Drësseger Joren

Zu dësem Veräin konnt just ee gréisseren Artikel fonnt ginn an zwar iwwer d'Fändelswei am Joer 1930. Dat Joer hunn dräi Biisser Veräiner zesumme gefeiert: d'Pompjeeën haten hire fofzegjärege Jubiläum zesumme mat Fändelswei, d'Musek hiren drëssegjärege Jubiläum och mat Fändelswei an d'Union Cycliste Bissen huet matgemaach mat hirer eegener Fändelswei. D'Fest war um Sonndeg, dem 5. Juli 1930 a stoung ënnert dem Patronage vun der Gemeng.

D'Feierlechkeeten hu schonn um Virowend ugefaang mat engem grousse Fakelzuch. Um Sonndeg Moie sinn déi dräi Fändelen ageweit ginn, woubäi sämtlech Duerfveräiner present waren. Am Nométteg goufen d'Éieregäscht empfaangen an duerno war de grousse Festëmzuch duerch d'Uertschaft mat fofzeg Veräiner. No dem Ëmzuch hunn e puer Auswäertsmuseke Concert gespillt an owes ëm 21.00 Auer war den Ofschloss mat «Illuminatioun», woubäi net präziséiert ass, wat heirënner ze verstoen ass. Et kann een also vun engem grousse Festdag zu Biissen schwätzen.

Bei de Recherchë goufe keng Informatioune fonnt zu de weideren Aktivitéite vun dësem éischte Biisser Vélosclub, ausser enger kuerzer Notiz den 1. Oktober 1931 an der Obermoselzeitung, déi seet, dass de Biisser Vélosclub de 4. Oktober 1931 un den Interclubmeeschterschaften deelgeholl huet. D'Klassement gëtt net matgedeelt.

## Neien Ufank an de Fofzeger Joren

Fir déi zweet Period an de Fofzeger a Sechzeger Jore gëtt et zimmlech vill Notizen am Lëtzebuerger Wort. Am éischten Artikel geet et ëm de 1er Grand Prix de Bissen fir Cadete vum Sonndeg, de 17 Juli 1955. Dee gouf vun der Union Cycliste vu Colmer-Bierg organiséiert, well et nach keng Union Cycliste zu Biissen gouf. Den zweeten am Klassement vun där Course gouf de jonke Biisser Cyclist John Weiland. Am selwechten Artikel steet, dass de John Weiland kuerz virdrun zu Hollerech den éischte gouf an do géint de Landesmeeschter vun de Cadeten, de Johny Wirth, gewonnen hat.

De 17. Juni 1956 war den zweete Grand Prix de Bissen fir Cadeten, dës Kéier organiséiert vun der nei gegrënnter Union Cycliste Bissen. De John Weiland ass net gestart, well hien an déi nächst Kategorie, déi vun den Debutante gewiesselt war. No der haiteger Definitioun vun der FSCL sinn d'Cadeten d'Coureure vu 15 a 16 Joer an d'Debutanten d'Coureure vu 17 an 18 Joer. De Parcours vun der Course war 65 km laang a goung vu Biissen op Miersch, Säll, Viichten, Colmer-Bierg, Ettelbréck, Feelen, Groussbus an zeréck op Biissen. En ass also duerch eng Rei Nopeschuertschafte gaangen, wat typesch fir d'Stroossecourse vun de Vélosclibb aus der Géigend war.

Den 2. Juni 1957 huet d'Union Cycliste Bissen den zweete Grand Prix des Martyrs fir Debutanten organiséiert. Wéini den éischte Grand Prix vun där Serie war, konnt net festgestallt ginn. Am Joer 1958 gouf et awer en drëtte Grand Prix des Martyrs.



*Fändelswei vun 1930*



*D'Equipe vun der Union Cycliste Bissen. An der Mëtt de John Weiland. Hannert him steet de spéidere President Tony Thilmany.*



De Charly Gaul bei der Rezeptioun
no der Cyclocross Landesmeeschterschaft zu Biissen.



Den André Laux am Trikot vun dem Landesmeeschter
bei de Cadeten no senger Victoire zu Miersch den 21. Juni 1959.

## De Charly Gaul gewënnt zu Biissen

Jo, Dir hutt richteg gelies. De Charly Gaul, de Gewënner vum Tour de France vum Joer 1958, huet de 24. November 1957 zu Biissen de Cyclocross vun der Union Cycliste Bissen gewonnen. Heizou gëtt et e gréisseren Artikel am Wort. De Reporter ass begeeschtert. Hie felicitéiert dem jonke Biisser Veräin, deen eréischt dat viregt Joer gegrënnt gouf, fir déi gutt Organisatioun. D'ganzt Duerf war op de Been, an et koume vill Leit vun auswäerts. Um Depart waren 38 Coureuren, dovunner 27 Lëtzebuerger, 3 Däitscher, 7 Saarlänner an 1 Fransous. Hie kritiséiert awer de Streckeverlaf. Dat wier méi eng Biergcourse gewiescht wéi e Cyclocross.

Et si 6 Ronne vun 3,6 km gefuer ginn, ënnert anerem Bierkebierg erop – dat ass de géie Pad deen an der Hondsgaass hannen an der Kéier op de Plateau geet -, de Wangert erof a weider de Wobierg erop. Zur Course selwer schreift de Reporter, Zitat: « Charly Gaul kam nach Bissen, sah und siegte». Klassement: 1. Charly Gaul, UC Dippech, an 42 Minutten a 45 Sekonnen; 2. Jängy Schmit, UC Hollerech, an 42 Minutten an 51 Sekonnen; 3. Lothar Friedrich vu Völklingen (Saar) an 43 Minutten an 1 Sekonn. Allen dräi ware Beruffscyclisten.

Dat Joer drop, de 24. August 1958 sollt et eng besonnesch Course zu Biissen ginn, de Grand Prix Select iwwer 175 km. D'Course stoung ënnert dem Protektorat vum Lëtzebuerger Wort an et gouf sech eng international Besetzung erwaart, mat Coureuren aus der Schwäiz, Holland, Belgien, Däitschland a Frankräich. D'Course war als Prolog fir d'Weltmeeeschterschaft geduecht, mee si gouf eng grouss Enttäuschung. Déi auslännesch Coureure sinn net komm, well se eng änlech Course de Weekend duerno zu Reims virgezunn hunn. Op der Course zu Biissen bloufen déi Lëtzebuerger Coureuren ënner sech.

Kuerz duerno , den 21. September 1958, hat d'Union Cycliste Bissen eng Course fir Cadeten organiséiert iwwer 56 km. Hei gouf et e freedege Moment, well de jonke Biisser André Laux huet gewonnen. Am Sprint vun 8 Leit huet hien sech géint de Landesmeeschter Georges Richartz duerchgesat.

Dat Joer drop, den 31. Mee 1959, war et de véierte Grand Prix de Bissen. Den André Laux vu Biissen gëtt Landesmeeschter bei de Cadeten

Den 21. Juni 1959 waren d'Landesmeeschterschaften am Vélossport zu Miersch. Do gouf et eng grouss Iwwerraschung bei de Cadeten: onerwaart gewonnen huet den André Laux vu Biissen. De Parcours war e Circuit vu Miersch iwwer Gousseldeng, Schëndels a Recken zeréck op Miersch, dee fënnef Mol gefuer gouf. D'Gesamtstreck war 57,5 km laang an 52 Cadete koumen op de Start.

Beim Schlusssprint war e Grupp vun 23 Coureure vir. De Favorit Jean Didier huet de Sprint ze fréi ugezunn an op der Zilstreck sinn e puer Coureure mat André Laux a Johny Schleck laanscht gezunn. Den André Laux huet de Sprint gewonnen, virun dem spéidere Profi an Tour de France Fuerer Johny Schleck. Seng Zäit: 1 Stonn, 38 Minutten a 25 Sekonnen.





## Cyclocross Landesmeeschterschaft zu Biissen

De 14. Februar 1960 war e weidere groussen Dag fir d'Union Cycliste Bissen: de Club huet d'Landesmeeschterschaften am Cyclocross zu Biissen organiséiert. Depart an Arrivée ware beim Café Raths. Vun do aus ass et iwwer d'Kräizung de Wobierg erop gaangen, de Wangert erof, weider an d'Hondsgaass an hannen an der Kéier de géie Stouss erop op Bierkebierg. Duerno goung et d'Geiwels erof, de Brill (haut Colmer Strooss) erop an duerch de Gruef bis bei de Café Raths. Dëse Circuit ass 10 Mol gefuer ginn, wat eng Streck vun insgesamt 23 km war. Gewonnen huet de Jengy Schmit, UC Dippech, deen domat fir d'fënnefte Kéier Landesmeeschter am Cyclocross gouf.

## D'Union Cycliste Bissen an de Sechzeger Joren

No de Cyclocross Landesmeeschterschafte vum 14. Februar 1960 stoung als nächstes de Grand Prix Misch Mergen de 15. August 1960 um Programm. Dëst war eng Course fir Debutanten als Erënnerung un de fréiere President a Grënnungsmember Misch Mergen. Virgesi war véier Mol de Wobierg erop ze fueren, mee den offizielle Vertrieder vun der FSCL huet de Circuit op dräi Ronne reduzéiert.

Den 20. November 1960 war nees Cyclocross zu Biissen, dës Kéier fir déi nei Saison 1960/1961. D'Streck sollt déiselwecht si wéi fir d'Landesmeeschterschaft vum Februar 1960.

Am Virfeld huet de Reporter am Wort sech geiergert, d'Streck fir Cadete wier ze schwéier. Si hunn nämlech 8 Ronne misse fueren, iwwer zesummen 18,4 Kilometer. Scho bei der Landesmeeschterschaft am Februar wiere bei enger änlech schwéierer Streck nëmme 14 Cadeten ugetrueden a 4 hunn der missen aus der Course geholl ginn, well se iwwerronnt goufen. De Problem wier awer generell, well och bei den aneren Organisateure wier d'Streck fir Cadete vill ze schwéier. Wann ee bedenkt, dass d'Cadeten zu Biissen 8 Mol mam Vëlo um Bockel de géie Stouss vun der Hondsgaass erop op Bierkebierg hu misse lafen, da kann een déi Kritik verstoen.

Den 18. November 1962 hat d'Union Cycliste Bissen nees e Cyclocross am Duerf, mee dëst schéngt de leschte gewiescht ze sinn, well et konnte keng Ënnerlagen iwwer e weidere Cyclocross zu Biissen fonnt ginn.

1963 huet de Veräin eng nei Initiativ ergraff mat enger Etappecourse, déi sech «Premiers Pas des Cadets» genannt huet. Déi éischt Etapp war um Sonndeg, den 10. Mäerz 1963 vu Biissen op Ettelbréck an déi zweet Etapp mat Biergpräis um Sonndeg, de 17. Mäerz 1963 vun Dikrech op Biissen. Leider war dës Organisatioun a Konkurrenz mat der «Ronde Printanière» déi de Vëlosclub vu Bouneweg onerwaart op déi selwecht Zäit geluecht hat. Et konnt net festgestallt ginn, ob et zu enger zweeter Oplag vun de «Premiers Pas des Cadets» koum.

Cyclocross Landesmeeschterschaft zu Biissen de 14. Februar 1960. D'Coureure kommen uewen op Bierkebierg un





*De Misch Dabé vun der Union Cycliste Bissen an Aktioun.*

Duerno gouf et méi roueg ëm de Veräin. Dëst ass de Moment fir un zwee Leit ze erënneren, déi d'Häerz an d'Séil vun der Union Cycliste Bissen waren. Si sinn all den «ale Biisser» och haut nach e Begrëff: et sinn de Misch Dabé an de Jempy Maas. D'Zeitunge schreiwen nëmmen iwwer d'Championen a kaum iwwer Leit, déi um Terrain d'Aarbecht maachen. Sou konnt vum Misch Dabé leider iwwerhaapt näischt an den Zeitungsnotize fonnt ginn. Vum Jempy Maas gëtt et just d'Doudesannonce. De Jempy Maas war President an duerno Éierepresident «à vie» vun der Union Cycliste Bissen. Hien ass den 21. Mee 1965 gestuerwen.

No e puer Joer Paus huet de Biisser Vélosclub, de 27. Juni 1965 nees eng Course organiséiert, de 1er Grand Prix de Bissen fir Debutanten. Déi Grand Prix de Bissen virdru ware fir Cadeten.


Schliisslech war den 22. Mee 1966 de Grand Prix J.P. Maas fir Debutanten als Erënnerung un de verdéngschtvolle fréiere President. Dës Organisatioun war eng Biergcourse als Zäitfueren. Et sinn all Kéier dräi Coureure matenee fortgefuer, an dee vun hinnen, dee gewonnen hat, war domat qualifizéiert fir déi nächst Ronn. D'Streck ass fortgaang beim Veräinslokal, dem Café Raths, a goung de Knapp (rue de Reckange) erop bis bei d'Haus Nic Meyers. Dat ass do, wou de Wee erop geet bei de Waasserbehälter a Laaschtert. D'Streck war nëmmen 1,1 km laang, mee hat eng Steigung vun 13 bis 15 %. 41 Debutante waren um Depart. Gewonnen huet den Diddelenger Romain Wack an 1 Minutt 59 Sekonnen a 6 Centisekonnen. Bei der Qualifikatioun war hien d'Streck souguer an 1 Minutt 58 Sekonnen a 6 Centisekonne gefuer.

D'Union Cycliste Bissen krut nees eng gewëssen Aktivitéit an de Veräin ass 1967 Member gi vun der Association des Organisateurs du Tour de Luxembourg. De 4. Juli 1968 war den zweete Grand Prix J.P. Maas, dës Kéier als Stroossecourse. D'Streck goung vu Biissen iwwer de Bill an de Gréiweknapp op Béiwen an zeréck op Biissen. Dëse Parcours vun 12,8 km ass dräimol gefuer ginn.

De 25. September 1968 ass de President Tony Thilmany am Alter vun nëmme 44 Joer gestuerwen. Et konnte keng weider Organisatioune vun der Union Cycliste Bissen nom Doud vum Tony Thilmany festgestallt ginn. Mat zousätzleche Recherchë wiere bestëmmt nach interessant Detailer zu dem Biisser Vélosclub ze fannen, wat awer net den Zweck vun dësem Artikel ass. Mir wëlle mat dem Reportage am Klautjen iwwer d'Union Cycliste Bissen einfach un e Biisser Veräin erënneren, deen an der Zäit ganz aktiv war. De Biisser Vélosclub war deemools en Deel vum Duerfliewen an e soll haut net an de Vergiess geroden.

**Pol Schummer**

*Sourcen: Artikelen aus dem Lëtzebuerger Wort op dem Site vun der Nationalbibliothéik ënnert dem Stéchwuert «Union Cycliste Bissen» / Fotoen: Kollektioun Camille Schroeder*



# Administratioun & Servicer





# Klimateam Audit



2023 war das Jahr der Audits in Bissen. So fand am 30.01.2023 das erste Audit der Gemeinde im Klimapakt 2.0 statt. Neuer Klimapakt, neue Regeln bei den Audits: Während im ersten Klimapakt bei allen Audits die gleiche Auditorin zuständig war, nahm sich Frau Nicole Bastiaensen der Gemeinde an. Nach der Bewertung von 64,9% war schnell klar, an welchen Stellschrauben noch zu drehen war. So meldete man sich zum zweiten Audit innerhalb von fünf Monaten mit 67,3% an und konnte den Termin am 08.06.2023 wahrnehmen. Beim zweiten Audit nahmen außer dem Gemeindetechniker Marc Mensen und Klimaberater Thomas Rünnenburger wiederum Frau Bastiaensen an der Bewertung teil. Da viele Maßnahmen keiner neuerlichen Betrachtung bedurften, war nach kurzer Zeit klar, dass man die 65%-Hürde genommen hatte und die Gemeinde nun statt jährlicher Fördergelder von 25,00€/Einwohner mit 32,50€/Einwohner rechnen kann. Die feierliche Preisübergabe wird aber dann erst dieses Jahr zum Klimapakttag am 07.06.2024 stattfinden. Die endgültige Bewertung lag bei 67,1%.


Das nächste Pflichtaudit wäre in drei Jahren. Allerdings will man sich nicht auf den Lorbeeren ausruhen und strebt die 75% mit Goldgemeinden-Status an. Die größte Herausforderung ist hier sicherlich ein neues Klimateam nach den Kommunalwahlen zusammen zu stellen. Einen Aufruf dazu wird es in naher Zukunft geben und wir hoffen auf eine rege Beteiligung aus der Bevölkerung. Der neue Klimaschöffe steht bereits fest. Es ist wie schon vorher David Viaggi.

In diesem Sinne: Keep it green,

Ihr Klimaberater
**Thomas Rünnenburger**

## Stärken-Schwächen-Profil

Effektive und geplante Prozentsätze






# Nei Gesiichter op der Gemeng

## Claude Wetz

De Claude Wetz ass zanter dem 1. Mäerz am Atelier vun der Gemeng Biissen. Hien huet en Ofschloss am Lycée Privé Emile Metz an huet berufflech Erfarung gesammelt bei Nordparts, Idealtec an AC Ettelbréck. Him mécht et besonnesch Spaass allerlee Maschinnen ze flécken an dono nees domadder ze schaffen. Privat hëlleft de Claude gäre bei engem Bauer. Hie schafft gären a sengem eegenen Atelier an hie geet gäre fëschen.





## Jil Kremp

D'Jil schafft zanter dem 1. Mäerz am Etat Civil vun der Gemeng Biissen. Virdrun huet hatt op der CNS am Service Kannergeld geschafft. Dem Jil fält et ganz liicht Kontakt zu de Leit opzebauen. Hatt këmmert sech op der Gemeng ëm d'Naissancen, d'Pacsen, d'Hochzäiten a mécht d'Gestioun vum Kierfecht. Privat spillt d'Jil Piano a schafft gären am Gaart.







## Alex Lopes

Den Alexandre Lopes schafft zanter dem 2. Abréll op der Gemeng am Atelier Technique. Virdru war hie bei Luxplan, éier hie beim SIDEN ugestallt gouf. A senger Fräizäit spillt hie gäre Fussball a fiert Mountain Bike.



## Mike Reding

De Mike Reding huet 6 Joer bei Toitures Modernes geschafft, dono am Betrib Kasel, an huet elo an den Atelier Technique vun der Gemeng Biissen gewiesselt. Als Biisser Jong ass hien immens frou, bei den Evenementer an der Gemeng eng Hand mat unzepaken. A senger Fräizäit geet hie gäre fëschen a spadséieren.

## Diliana Delvaux

D'Diliana schafft zanter dem 1.Abréll op der Gemeng am Atelier Technique. Hatt bekëmmert sech haaptsächlech ëm d'Evenementer an der Gemeng an och ëm den Entretien vun der Sportshal. Virdru war d'Diliana 13 Joer selbstänneg, an déi lescht 3 Joer Bestatterin. Seng Aarbecht op der Gemeng gefält him immens gutt, well se vill Ofwiesslung bitt. A senger Fräizäit ass hatt ganz sportlech, hatt mécht Bodybuilding.



# Natur genéissen!



**Nachhaltig & gesund essen in den Kindertageseinrichtungen!**

Die Art der landwirtschaftlichen Nutzung hat einen direkten Einfluss auf den Erhalt der Biodiversität. Somit ist Naturschutz untrennbar mit Landwirtschaft verbunden. Das Projekt Natur genéissen wurde 2014 von SICONA ins Leben gerufen, um wichtige Lebensräume zusammen mit den Landwirten zu erhalten und zu schützen, sowie einen weiteren Absatzmarkt für diese Landwirte zu schaffen.

Landwirtschaftliche Betriebe bieten viele der in den öffentlichen Kantinen benötigten Lebensmittel, wie Rind-, Schweine- und Hähnchenfleisch, Kuhmilch, Eier oder Obst und Gemüse lokal an. Die Natur genéissen Produzenten verpflichten sich zu einer nachhaltigen Produktionsweise und setzen Naturschutzmaßnahmen auf ihren Flächen um. Die Natur genéissen Kindertageseinrichtungen (Maison relais), ihrerseits verpflichten sich u. a. mindestens 13% ihres Lebensmitteleinkaufs bei den Natur genéissen Betrieben zu tätigen. Eine gesunde, regionale und saisonale Ernährung spielt eine wichtige Rolle in der Entwicklung der Kinder und so auch in den Natur genéissen Kindertageseinrichtungen. Natur genéissen ist also gleich dreifach förderlich: Unterstützung der lokalen Landwirte, saisonale und gesunde Ernährung der Kinder und Umsetzung von Naturschutzmaßnahmen.

Die Gemeinde Bissen setzt das Projekt seit 2018 in ihren Kindertageseinrichtungen um. Somit werden in der Gemeinde Bissen täglich rund 320 (Stand Schuljahr 2022/23) ausgewogene, saisonale, regionale und gesunde Mahlzeiten für die Grundschüler der Gemeinde gekocht. Durch die Teilnahme der Gemeinde am Naturpakt werden sogar mindestens 50 % Bioprodukte eingekauft und in der Küche der Kindertageseinrichtungen verarbeitet.





***Une alimentation saine et durable dans les cantines des maisons relais!***

*Le type d'exploitation agricole a une influence directe sur la préservation de la biodiversité. Ainsi, la protection de la nature est indissociable de l'agriculture. Le projet Natur genéissen a été lancé en 2014 par SICONA afin de préserver et protéger les habitats importants ensemble avec les agriculteurs, et de créer un débouché supplémentaire pour ces mêmes agriculteurs.*

*Les exploitations agricoles proposent localement de nombreux aliments nécessaires dans les cantines publiques, comme la viande de bœuf, de porc et de poulet, le lait de vache, les œufs ainsi que les fruits et légumes de saison. Les producteurs Natur genéissen s'engagent à adopter un mode de production durable et mettent en œuvre des mesures de protection de la nature sur leurs terres d'exploitation. Les maisons relais Natur genéissen, de leur côté, s'engagent notamment à effectuer au moins 13 % de leurs achats alimentaires auprès des producteurs Natur genéissen. L'alimentation saine, régionale et de saison joue un rôle important dans le développement des enfants et, par conséquent, dans les maisons relais Natur genéissen. Ainsi le projet est triplement bénéfique à travers le soutien aux agriculteurs locaux, une alimentation de saison et bon pour la santé des enfants, et la mise en œuvre des mesures de protection de la nature.*

*Depuis 2018, la commune de Bissen met le projet en œuvre dans ses maisons relais. Ainsi quelques 320 (chiffre année scolaire 2022/23) repas équilibrés, de saison, régionaux et sains sont préparés chaque jour pour les élèves de l'école primaire de la commune. Et à travers l'adhérence de la commune au Pacte nature, 50 % des produits achetés et transformés en cuisine sont bio.*

Mehr Information auf sicona.lu oder über den QR Code.
*Plus d'info sur le site sicona.lu ou à travers le code QR.*

Das Naturschutzsyndikat SICONA setzt sich aus insgesamt 42 Mitgliedsgemeinden im Süd-Westen und Zentrum des Landes zusammen. Ziel des Syndikats ist der Erhalt der heimischen Artenvielfalt, der natürlichen Lebensräume und der Landschaften in den entsprechenden Regionen. Daneben erfolgt Sensibilisierungsarbeit bei den Bürgern für Naturschutz und nachhaltige Entwicklung.

*Le syndicat intercommunal de conservation de la nature SICONA se compose de 42 communes membres se situant dans les régions du centre et du sud-ouest du pays. L'objectif du syndicat consiste à préserver la biodiversité locale, les habitats naturels et les paysages dans les zones concernées. En outre, un travail de sensibilisation des citoyens à la protection de la nature et au développement durable est effectué.*

**SICONA**

Naturschutzsyndikat / Syndicat intercommunal de conservation de la nature

12, rue de Capellen, L-8393 OLM – Tel: 26 30 36 25 – E-mail: administration@sicona.lu










www.fairtradegemeng.lu / Fréijoer 2024

## MIR WËLLEN ENG FAIRTRADE GEMENG GINN. MAACHT MAT.



**Au Ghana et en Côte d'Ivoire, 1,5 million d'enfants travaillent encore dans des conditions dangereuses sur les plantations de cacao. Choisir Fairtrade, c'est réactiver son pouvoir d'agir.**

## LE TRAVAIL DES ENFANTS

Dans le monde, 160 millions d'enfants travaillent encore, selon l'UNICEF. Parmi eux, 70% travaillent dans la production agricole. Il s'agit d'un problème profondément enraciné qui nécessite une approche globale pour être résolu.

Le travail des enfants fait référence à un travail qui nuit à la santé et au bien-être d'un enfant et/ou qui interfère avec son éducation, ses loisirs et son développement. Il s'agit d'un problème complexe qui touche les garçons et les filles dans la plupart des pays du monde.

## LA PAUVRETÉ, FACTEUR PRINCIPAL

Les causes du travail des enfants sont multiples. Le manque d'accès à une éducation de qualité, la discrimination, les conflits et les catastrophes naturelles ne sont que quelques-unes des causes sous-jacentes.

La pauvreté reste cependant le principal facteur. Lorsque les familles ne sont pas en mesure de gagner décemment leur vie grâce à leurs récoltes et que les jeunes manquent de possibilités d'emploi décent, il reste très difficile de mettre fin au travail des enfants.

## COMMENT FAIRTRADE LUTTE CONTRE LE TRAVAIL DES ENFANTS

Le commerce équitable, grâce au prix minimum garanti et à la prime Fairtrade, permet de lutter contre la pauvreté, cause principale du travail des enfants.

Le Mouvement Fairtrade, au travers des réseaux de producteurs, met en place des programmes de protection de l'enfance avec partenariats avec des ONG spécialisées.

Il s'agit notamment de soutenir et de conseiller les coopératives dans :

- l'organisation d'ateliers, de formations, d'activités de sensibilisation pour les coopératives et les membres.
- la mise en place de programmes tels que la "Programme de suivi et remédiation basé sur la participation des jeunes"
- la promotion de la scolarisation à travers l'utilisation de la prime Fairtrade pour construire des écoles, améliorer l'équipement des écoles locales, obtenir les certificats de naissances pour les enfants, faciliter les trajets des enfants ou encore financer des bourses scolaires.

Gemeng Biissen



# Et si la pompe à chaleur vous offrait …
une solution efficiente et écologique pour chauffer votre logement.

Alors qu'aujourd'hui l'accent est mis sur les solutions durables, les pompes à chaleur prennent une place d'autant plus importante. Cette technologie éprouvée offre non seulement un moyen efficace de chauffer les bâtiments, mais se révèle également être une alternative prometteuse pour minimiser l'impact environnemental.

Les pompes à chaleur utilisent l'énergie thermique disponible dans l'environnement, que ce soit dans l'air ou le sol, pour produire de la chaleur. Pour mesurer cette efficacité, on se réfère au COP (coefficient de performance), qui exprime le rapport entre l'énergie thermique produite (kWh) et l'électricité nécessaire (kWh). On observe ainsi que par rapport aux systèmes de chauffage fossiles, les pompes à chaleur offrent un avantage considérable grâce à leur efficacité énergétique.

**Préjugés contre les pompes à chaleur**

Il existe encore de nombreux mythes sur les pompes à chaleur, comme par exemple : « les pompes à chaleur ne peuvent être utilisées dans les anciennes constructions ». Mais la pompe à chaleur est pourtant bien une option dans les bâtiments anciens, et cela également en utilisant les radiateurs existants. Seule leur efficacité est légèrement plus faible que dans les nouvelles constructions qui disposent d'un chauffage au sol.

Si vous envisagez d'installer une pompe à chaleur dans votre maison, Klima-Agence met à votre disposition une check-list afin de vous permettre d'avoir une vue d'ensemble lors de son installation. Dans cette liste établie par nos experts, vous trouverez les éléments auxquels vous devez prêter attention lors de l'installation et de l'utilisation d'un tel système : les possibilités de réglage de votre installation, les autorisations nécessaires, les contrôles à réaliser et les différents types de pompes à chaleur. Le document fournit également un petit glossaire qui explique les termes techniques que vous risquez de rencontrer. Profitez aussi du conseil Klima-Agence, si vous avez d'autres questions.

**Retrouvez la check-list ici**

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90






# Laissez pousser le gazon et aidez les pollinisateurs!




## Comment puis-je participer?

Vous pouvez obtenir un autocollant auprès de votre commune ou directement auprès du SIAS. Vous pouvez le coller sur votre boîte aux lettres pour montrer votre engagement. Vous pouvez envoyer des photos de votre jardin à moien@sias.lu pour participer à notre jeu-concours. Vous pouvez également partager vos photos sur les médias sociaux avec #BlummefirBestëbser .



## Quelles sont les règles du jeu ?

Les règles du jeu sont simples : ne tondez pas en mai. Vous n'êtes pas obligé de laisser pousser toute la pelouse non plus, mais une partie sera déjà une belle contribution pour les insectes.

## Et comment cela aide-t-il les pollinisateurs ?

Plus longtemps la faucheuse reste silencieuse au printemps, plus les chances de survie des animaux qui hibernent au sol ou sur les brins d'herbe sont élevées. De plus, des herbes sauvages peuvent s'installer dans une prairie fauchée tardivement. Une prairie tondue à blanc n'offre aucun habitat aux insectes et n'est pas adaptée au changement climatique.

Plus d'informations:
www.sias.lu/naturschutz/biologische-station/mei-net-am-mee
#BlummefirBestëbser
moien@sias.lu

SICONA Naturschutzsyndikat



# Kräizwuerträtsel

**Léist dëst Rätsel a gewannt mat Chance eng flott Lanter vun Déco Jardin fir an Äre Gaart!**

Schéckt eis dat richtegt Léisungswuert bis den 15. Juli per E-Mail un klautjen@bissen.lu. Bonne Chance!

**1.** Hie war Buergermeeschter vu Biissen an och Deputéierten an der Chamber vun 1878-1884 a vun 1890-1896 an no him ass eng Strooss zu Biissen benannt (Virnumm + Numm)

**2.** "Cloûtier" op Lëtzebuergesch

**3.** Lo kënnt gläich d'Summerzäit, da brauch ee Gaardemiwwel, déi kritt ee bei …

**4.** De Café Adam gouf ofgerappt, d'Residenz déi do entsteet heescht Adamseck. Déi "al" Biisser soen dofir ….

**5.** Zanter deene leschten zwou Gemengewale wielt Biissen nom …

**6.** Den Numm vum aktuelle Biisser Buergermeeschter (Virnumm + Numm)

**7.** Fest, dat um Europadag zu Biissen organiséiert gëtt.

**8.** Déi Biisser Crèche, déi de September 2023 opgoung, huet den Numm…

**9.** Lëtzebuergeschen Numm vun der "Rue des Jardins"


**10.** Wann ee vun de Weiere kënnt an et fiert een hannert der Wobiergkapell riets erof, da kënnt een an de Quartier…(3 Wierder)

**11.** D'Biisser Kierch ass dem Hellegen …geweit

**12.** Tëscht dem leschten Haus am Brill an der Cité Raths (Richtung Colmar) läit d'…

**13.** Numm vun de leschten Haiser, wann ee vu Biissen Richtung Viichten fiert

**14.** An der Biisser Kierch si véier Freskemolereie vun engem Lëtzebuerger Moler (Virnumm + Numm)



**LÉISUNGSWUERT:**

**E fréiere Biisser Schoulmeeschter a Lokalhistoriker**

| A | B | C | D | E | F | | G | H | I | J | K | L |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | | | | | | | |






# De Gewënner vum Concours – "Cover me up!"

Op de Goût vun der Fotografie sinn ech zu Lycéeszäiten am LGL komm. Ech hat do d'Méiglechkeet schwaarz-wäiss Fotoen an der Dunkelkammer z'entwéckelen an ze vergréisseren. D'digital Fotografie huet dëser Passioun nach eemol en Opschwong ginn, an d'Kombinatioun tëschent der Aarbecht um Terrain an d'Beaarbechte mat Hëllef vun den digitale Medie mécht mir risege Spaass. Am léifste maachen ech Fotoen an der Natur, awer och Portrait- a Makroopnamen a mengem klenge Studio begeeschtere mech ëmmer erëm. Een aneren interessante Volet ass natierlech den Austausch mat deene Leit, déi déi selwecht Passioun deelen. Déi Chance hat ech ënnert anerem op deene leschten Editioune vun der Bisart.

**Thierry Maertz**







| | |
|---|---|
| **Les membres du collège des bourgmestre et échevins** | **echevins@bissen.lu** |
| **David VIAGGI** | Bourgmestre<br>david.viaggi@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 560 |
| **Roger SAURFELD** | Echevin<br>roger.saurfeld@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 561 |
| **Cindy BARROS DINIS** | Echevin<br>cindy.barros@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 562 |
| **Les membres du Conseil Communal** | **conseil@bissen.lu** |
| **Loïc BRUNE** | Conseiller loic.brune@bissen.lu |
| **Kevin ENGLEBERT** | Conseiller kevin.englebert@bissen.lu |
| **Joëlle FAGNY** | Conseiller joelle.fagny@bissen.lu |
| **Christian HOSCHEID** | Conseiller christian.hoscheid@bissen.lu |
| **Béatrice KABERS** | Conseiller beatrice.kabers@bissen.lu |
| **Jos KOECHER** | Conseiller jos.koecher@bissen.lu |
| **Georges LUCIUS** | Conseiller georges.lucius@bissen.lu |
| **Carlo MULBACH** | Conseiller carlo.mulbach@bissen.lu |
| **Accueil** | **comune@bissen.lu** |
| **Sandra De Sousa Riberinho** | sandra.desousa@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 521 |
| **Population** | **population@bissen.lu** |
| **Rui Brito** | rui.brito@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 527 |
| **État civil** | **etat-civil@bissen.lu** |
| **Jil Kremp** | jil.kremp@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 523 |
| **Secrétariat** | **secretariat.communal@bissen.lu** |
| **Yves Urwald** | Secrétaire communal<br>yves.urwald@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 522 |
| **Jacques Biver** | jacques.biver@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 530 |
| **Recette** | **recette@bissen.lu** |
| **Camille Schleich** | camille.schleich@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 526 |
| **Marlène Dos Santos Alves** | marlene.alves@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 535 |
| **Service Relations Publiques et Informatique** | **com@bissen.lu** |
| **Max Steffen** | max.steffen@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 528 |
| **Service Technique** | **technique@bissen.lu** |
| **Luc Scholtes** | Technicien<br>luc.scholtes@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 529 |
| **Jo-Anne Elsen** | Architecte<br>joanne.elsen@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 536 |
| **Danielle Storn** | Technicienne<br>danielle.storn@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 525 |
| **Marc Mensen** | Ingénieur en technicien<br>marc.mensen@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 524 |
| **Alexandre Pereira Lopes** | Technicien<br>alex.lopes@bissen.lu \| 83 50 03 - 570 |
| **Préposé Forestier** | **serge.reinardt@anf.etat.lu** |
| **Serge Reinardt** | Tél. 83 50 03 - 532 |
| **Agente municipale** | **agent@bissen.lu** |
| **Myriam Weiten** | myriam.weiten@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 513 |
| **Coordinateur sportif** | **sport@bissen.lu** |
| **Raphaël Stacchiotti** | raphael.stacchiotti@bissen.lu \| Tél. 83 50 03 - 534 |
| **Structures d'accueil** | |
| Ecole Fondamentale | Tél. 85 50 03 - 366 |
| Ecole Préscolaire | Tél. 83 50 03 - 323 |
| Jugendhaus "A Stenges" | Tél. 26 94 84 - 50 |
| Maison Relais "Un der Attert" | Tél. 83 50 03 - 450 |
| Précoce | Tél. 83 50 03 - 310 |
| Crèche "Margréitchen" | Tél. 83 50 03 - 410 |
| Crèche "Beim Musekshaus" | Tél. 83 50 03 - 420 |


Gemeng Biissen


**Editeur**
Administration communale de Bissen
1, rue des Moulins
L-7784 Bissen
www.bissen.lu
commune@bissen.lu
Tél. 83 50 03 - 1

**Et hu matgehollef**
Ivano ANDRESINI, Josiane KIEFER,
Pol SCHUMMER, Max STEFFEN, eis Servicer,
d'Kommissiounen an d'Veräiner, d'Structures
d'Accueillen an d'Gemengesyndicater.

klautjen@bissen.lu

**Konzeptioun**
Vidale-Gloesener, Luxembourg

**Layout**
ID · Communication, Luxembourg

**Oplo**
1.500 Exemplarer

**Drock**
De Klautjen ass op recycléiertem Pabeier gedréckt. De Klautjen gëtt gratis un all Stéit an der Gemeng Biissen verdeelt. Net bestallten Textbeiträg ginn net zeréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.
Dir fannt de Klautjen och am Internet:
www.bissen.lu


NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech




**Bitte senden Sie Beiträge (Fotos und Berichte) von Ihren Veranstaltungen für die Veröffentlichung im „Klautjen“ bis spätestens 1. August 2024 an:**

***Veuillez nous envoyer les rapports et photos de vos événements culturels pour la publication dans le « Klautjen » jusqu’au 1er août 2024 à:***

**klautjen@bissen.lu**

YouTube

**www.bissen.lu**